Les membres des commissions consultatives doivent être majeurs, habiter dans la commune de Beaufort et sont nommés par le conseil communal. Exception : commission vivre-ensemble interculturel. Ces membres doivent résider ou travailler sur le territoire de la commune.

Si vous êtes intéressés pour participer au sein de l'une des commissions, nous vous prions de bien vouloir déposer votre candidature moyennant le formulaire à côté au secrétariat communal de Beaufort jusqu'au 20 avril 2025 au plus tard. Le formulaire peut être téléchargé sur le site [www.beaufort.lu](http://www.beaufort.lu). Au cas où vous voudriez avoir plus d'informations sur les différentes commissions, n'hésitez pas à contacter le secrétariat communal.

## FORMULAIRE DE CANDIDATURE

Je soussigné(e) / Ech

Nom / Numm :

Prénom / Virnumm :

Adresse :

Localité / Uertschaft :

Tél / Gsm :

E-mail:

pose ma candidature pour une des commissions ci-après \* :  
stelle meng Kandidatur fir \* :

- Commission des sports, de la jeunesse et du loisir
- Commission de la culture et du tourisme
- Commission scolaire
- Commission du troisième âge
- Commission l'environnement
- Commission des bâtisses et de la sécurité
- Commission des médias et de la communication
- Commission vivre-ensemble interculturel

\*(Cocher la / les case(s) correspondante(s) s.v.p)

..... , le .....

(Signature / Ënnerschrëft)

À remettre au secrétariat communal de Beaufort pour **le 20 avril 2025**.  
Bis spéitstens den **20. Abrëll 2025** un d'Gemeng schécken/ofginn.

Adresse: 9, rue de l'Eglise L-6315 Beaufort  
Tél.: 83 60 45 – 1  
E-mail: [commune@beaufort.lu](mailto:commune@beaufort.lu)  
[www.beaufort.lu](http://www.beaufort.lu)





Grand-Duché de Luxembourg  
**Administration Communale de BEAUFORT**  
Siège: - Adresse postale: 9, rue de l'Eglise, L-6315 BEAUFORT  
Tél: 83 60 45 - 1 - Fax: 86 93 88 - Tva: LU11537531

Votre facture

Réf. à rappeler **5079 / AU2024002903**  
Émise le 28.05.2024

Vos coordonnées

ADMINISTRATION COMMUNALE  
9, rue de l'Eglise  
L - 6315 Beaufort  
TVA LU11537531

**ADMINISTRATION COMMUNALE**  
**9, rue de l'Eglise**  
**L - 6315 Beaufort**

Payer avec mon smartphone



# Facture

	Montant € HTVA
TAXES	100,00
Total HTVA	100,00
Total non soumis TVA	100,00
	0,00

**Total à payer 100,00 € TTC**

**A payer avant le 27.06.2024**

HEURES D'OUVERTURE:

LUNDIS 8.30 - 12 ET 14 - 16.30 H  
MARDIS 8.30 - 12 H  
MERCREDIS 8.30 - 12 ET 14 - 20 H  
JEUDIS 8.30 - 12 H  
VENDREDIS 8.30 - 12 ET 14 - 16.30 H  
TEL: 836045-24 FAX: 869388

Email: [recette@beaufort.lu](mailto:recette@beaufort.lu)

DRAFT

Le détail se trouve au verso de votre facture.

Page 1 / 2

BILL LU25 0021 1182 8880 0000  
CCPL LU57 1111 0120 8557 0000

BCEE LU09 0019 8401 2419 4000  
BGLL LU41 0030 2546 7483 0000

E U R

\* \* \* \* \* 100,00

RECETTE COMMUNALE DE BEAUFORT

5079 / AU2024002903 TAXES DE CHANCELLERIE

ADMINISTRATION COMMUNALE  
9, rue de l'Eglise  
L - 6315 Beaufort

Facture - AUTORISATI N n° 5079 / AU2024002903 - 28.05.2024

Détail de votre facture

**LOCATION CENTRE**

Forfait  
CULTUREL "KUMMELBAU"  
AUTORISATION DU:

Montant € HTVA  
**100,00**  
100,00

28.05.2024

# Info / Rappel

Rechnunge kënnen mat  
Payconiq bezuelt ginn

Paiement des factures  
avec Payconiq

Info & installation  
[www.payconiq.lu](http://www.payconiq.lu)

Facture - AUTORISATION n° 5079 / AU202400290

## OUTDOOR-DÛSCHTENNIS AN ËFFENTLECH TOILETTEN

**De Site nieft der Äispist ass ëm eng Attraktioun méi räich ginn. Péinktlech fir den Ufank vun der Sommervakanz an der Touristesaison goufen op dëser Plaz zwee Outdoor-Dëschtentennisdëscher installéiert.**

An dësem Beräich stinn de Bierger vun der Gemeng Beaufort an hire Gäscht follgend Infrastrukturen zur Verfügung: een Terrain Multisports, Outdoor-Fitness fir Senioren, Outdoor-Fitness fir jiddereen a lo nach Outdoor-Dëschtennis. Den nächste Projet op dësem Site steet schonns an de Startlächer: zwou Piste fir Pétanque.

D'Investitioune belafe sech op ronn 12.300 Euro fir den Outdoor-Dëschtennis a knapps 10.000 Euro fir déi zwou Pétanque-Pisten. Pétanque-Frënn mussen sech also nach ee bësse gedëllege fir hei ze spillen a bis dohinner kënnen se virun der Jugendherberge hirem

Hobby nogoen. Dëst ass eng héchstwahrscheinlech eng Plaz, vun där bestëmmt net vill Leit wëssen.

Déi meeschte Leit, déi schonns op engem Fest op der "Place des Nations" (Kiosk) waren, wësse wou d'Toilette sinn: am neie Gebai vum Cycle 1. Nei ass, datt dës Toiletten elo all Dag vu 7 Auer moies bis owes 20 Auer op sinn.

Beim Vitessepanneau weist ee klengt Schëld op d'ëffentlech Toiletten hin an op der Mauer vum Gebai stinn d'Auerzäiten drop. D'Toilette gi regelméisseg propper gemeet an d'Benutzer si gebieden d'Toilette propper ze halen.

Och wann et a verschidde Fäll "dréngend" ass ginn d'Leit, déi mam Auto ënnerwee si kuerz drun erënnert, d'Vitesslimitatioun op dëser Plaz anzehalen. Net nëmmen de "Smiley" um Panneau seet Merci.





## REMISE OFFICIELLE DU « GUIDE DU CITOYEN » À NIEDERANVEN



De gauche à droite : Isabel van de Voorde (secrétaire CCVEI Beaufort), Andreza Sanguessuga (présidente CCVEI Beaufort), Sandy Wagner (service communication Vivre-Ensemble), Max Hahn (ministre), Jean-Luc Nosbusch (bourgmestre), Josip Nerancic (service relations publiques Beaufort) et Lejla Sehic (Biergerguide Vivre-Ensemble). Photos : © Gemeng Nidderaanwen

**La 13<sup>e</sup> édition du « Forum fir d'Zesummeliewen an eise Gemengen » (ancien GRESIL) s'est tenue mercredi 27 novembre au Centre Polyvalent « A Schommesch » à Niederanven.**

L'édition a rassemblé quelques 200 participants, y compris des responsables politiques, des représentants et agents communaux et des membres des commissions consultatives communales du vivre-ensemble interculturel d'une bonne soixantaine de communes et d'associations œuvrant en faveur du vivre-ensemble interculturel.

La séance a été ouverte par Fréd Ternes, bourgmestre de la commune de Niederanven,

suivi par un mot de bienvenue du ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, Max Hahn.

Lors de la première partie de l'événement, les communes de Bertrange et d'Esch-sur-Alzette ont signé le « Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen » avec le ministre Max Hahn, en présence du président du SYVICOL, Emile Eicher. Par la suite, le ministre a remis aux communes de Beaufort, Erpeldange-sur-Sûre, Esch-sur-Sûre, Fischbach et Goesdorf (excusé) leur « Guide du citoyen » personnalisé. Cela signifie que 35 communes ont signé le « Gemengepakt » et 33 communes ont reçu leur « Guide du citoyen » personna-

lisé jusqu'à présent. A noter que l'élaboration du guide s'est faite par ordre alphabétique et par manifestation d'intérêt.

La deuxième partie du forum a été consacré au thème « Nous sommes toutes expertes du vivre-ensemble ! Pistes pour un bon fonctionnement de la commission du vivre-ensemble (CCVEI) et une collaboration efficace avec les responsables politiques ». Dans son discours-programme, le ministre a souligné le rôle important des commissions communales consultatives du vivre-ensemble interculturel (CCVEI) dans la promotion du vivre-ensemble interculturel au niveau local. Le président du SYVICOL Emile Eicher, à son tour, a évoqué les manières dont les responsables politiques peuvent agir comme force motrice d'une bonne collaboration entre les acteurs du vivre-ensemble au niveau local.

Par la suite, les participants ont eu l'occasion de s'échanger dans le cadre d'ateliers pratiques sur les missions de la commission du vivre-ensemble (CCVEI), permettant ainsi d'identifier ensemble des pistes pour un bon fonctionnement de cet organe ainsi qu'une collaboration efficace avec les responsables politiques au niveau local.

L'ASTI, le SYVICOL, le CEFIS, la commune de Niederanven et le ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, co-organisateurs de cet événement, souhaitent remercier toutes les personnes présentes pour leur participation active à cette plateforme d'échange et de rencontre. Rappelons en outre dans ce contexte que le « Forum fir d'Zesummeliewen an eise Gemengen » offre aux communes une plateforme de rassemblement, d'échange, de création de synergies, d'information, de formation et de soutien autour des thèmes du vivre-ensemble interculturel au niveau local.

La prochaine séance est prévue pour printemps 2025. La documentation de cette édition du forum sera d'ailleurs disponible sous peu sous le lien suivant : [www.gemengen.zesummeliewen.lu/forum-fir-dzesummeliewen/](http://www.gemengen.zesummeliewen.lu/forum-fir-dzesummeliewen/)

*Communiqué par le ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, la commune de Niederanven, l'Association de soutien aux travailleurs immigrés (ASTI), le Centre d'étude et de formation interculturelles et sociales (CEFIS) et le Syndicat des villes et communes luxembourgeoises (SYVICOL).*



# Ech entdecke meng Gemeng


**Je découvre ma commune** **Ich entdecke meine Gemeinde**  
**I discover my municipality** **Descubro a minha comuna**

<b>Meng Gemeng an Zuelen</b>	14
Ma commune en chiffres <b>Meine Gemeinde in Zahlen</b> My municipality in figures <b>A minha comuna em números</b>	
<b>D'Gebaier</b>	17
Les bâtiments <b>Gebäude</b> Buildings <b>Prédios</b>	
<b>D'Servicer</b>	20
Les services <b>Dienstleistungen</b> Services <b>Serviços</b>	
<b>D'Mobilitéé</b>	22
La mobilité <b>Mobilität</b> Mobility <b>Mobilidade</b>	
<b>Kultur a Fräizäit</b>	24
Culture et loisirs <b>Kultur und Freizeit</b> Culture and leisure <b>Cultura e lazer</b>	
<b>Zesummeliewen: gutt Noperschaft a géigesäiteg Hëllef</b>	30
Vivre-ensemble : bon voisinage et entraide Zusammenleben: gute Nachbarschaft und Nachbarschaftshilfe Living together: good neighbourhood and mutual support Convivência: boa vizinhança e entreaajuda	
<b>Meng Adressen am Noutfall</b>	32
Mes adresses en cas d'urgence <b>Meine Notfalladressen</b> My emergency contacts <b>Os meus endereços de emergência</b>	
<b>Ech sinn e Jonken</b>	36
Je suis jeune <b>Ich bin Jugendliche/r</b> I am young <b>Sou jovem</b>	
<b>Ech ginn an d'Schoul</b>	38
Je vais à l'école <b>Ich gehe zur Schule</b> I go to school <b>Ando a estudar</b>	
<b>Ech sinn e Senior</b>	40
Je suis senior <b>Ich bin Senior/in</b> I'm a senior <b>Sou sénior</b>	
<b>Ech lieve mat engem Handicap</b>	42
Je vis avec un handicap <b>Ich lebe mit einer Behinderung</b> I have a disability <b>Sou portador(a) de uma deficiência</b>	



## Lued däi Bierger-Guide hei erof!

- FR Télécharge ton guide du citoyen ici !
- DE Lade deinen Bürgerleitfaden hier herunter!
- EN Download your citizen's guide here!
- PT Descarregue o seu guia do cidadão aqui!



## ZWOU HONDSSPILLWISSEN ZU BEEFORT DEUX PARCS POUR CHIENS À BEAUFORT

**Zu Beefort ginn et zanter Mëtt Dezember offiziell zwou Spillwisse fir d'Hënn. Déi éischt Hondsspillwisse ass nieft dem Waasserbaaseng Fléibierg nieft der Hausnummer 110 un der Grand-Rue an déi zweet Hondsspillwisse befënnt sech un der Halerstrooss op der anerer Säit vun den Hausnummern 10 an 12.**

D'Wiss ass komplett agezäunt an d'Hënn kënnen fräi op der Wiss lafe gelooss ginn. Al Hondsbesëtzer ass responsabel fir säin Hond an d'Benotzung ass op eege Gefor. Wichtig ass, datt d'Hondsbesëtzer hiren Hondsdreck mussen oprafen an d'Leit si gebieden d'Dier zouzemaache soubal si eran oder eraus ginn. Ee Schëld an der Entrée weist op d'Reegelen an Notzung vun der Hondsspillwisse hin an an der Entrée stinn och Tuten an eng Poubelle fir den Hondsdreck.

*Depuis mi-décembre, il existe officiellement deux parcs pour chiens à Beaufort. Le premier parc pour chiens se trouve à côté du réservoir d'eau Fléibierg, à côté du numéro 110 de la Grand-Rue, et le deuxième parc pour chiens se trouve à la route de Haller, en face des numéros 10 et 12.*

*L'aire est entièrement clôturée et les chiens peuvent courir librement sans laisse. Les propriétaires sont responsables de leurs chiens et l'utilisation se fait à leurs propres risques. A noter que les propriétaires doivent enlever les crottes de leurs chiens et chaque visiteur est prié de fermer la porte en entrant et sortant le parc pour chiens. Un signe à l'entrée renseigne sur les règles et l'utilisation et à l'entrée figurent également une poubelle et des sachets pour les crottes de chiens.*





## SI HU "JO" GESOT PAX AN HOCHZÄITEN

---



15. Juli:  
Lydia Bisenius  
& Sasha Samano



27. Juli:  
Marta Trusca &  
Georges Alexander Frisch

13. September:  
Sandra Freudenberg &  
Eric Salentiny



10. September:  
Vanessa Kirtz & Alain Kirtz



12. Dezember  
Natascha Hebler & Joé Nehrenhausen

# Wien ass mäin Uspriechpartner?



## 1. betreffend d'Schoul

bei alle Froen betreffend mäi Kand an der Schoul, an der Klass, de Schoulprogramm,....:

**fir d'éischt:** de Schoulmeeschter oder d'Joffer

**dann:** de Comité vun der Schoul  
Präsidentin: Betty Helminger | elisabeth.helminger@education.lu

**dann:** d'Direktioun | secretariat.echternach@men.lu

## 2. betreffend de Bustransport

Service Technique vun der Gemeng an/oder de Bureau de la population :

<https://beaufort.lu/administration/services-communaux/service-technique/>

<https://beaufort.lu/administration/services-communaux/population/>

## 3. Aufgabe vun den Elterevertrieder

→ **bis Juli 2025:** Alain Rommes | alainrommes76@pt.lu  
Jasmína Ivanovic | jacavnvc@mac.com

- de Schoulentwécklungsplang, dee vum Léierpersonal ausgeschafft gouf, beschwätzen, eventuell Ännerungen mat afléissen ze loossen an ze ergänzen
- Virschléi bei Froen am Zesummenhang mat der Organisatioun vum Schoulalldag ze maachen
- gemeinsam Veranstaltungen a Versammlunge mat alle Schoulpartner organiséieren



## 4. Aufgabe vun der Schoulkommissioun

Präsident: Thomas Fellerich | thomas.fellerich@beaufort.lu

- En Avis ze schreiwen zu der Schoulorganisatioun, zu dem Schoulbudget an zu dem « Plan de développement scolaire », sou wéi och hir Ëmsetzung ze verfollegen.
- De Schäfferot iwwert de Schoulalldag um Lafenden ze halen an hien op Probleemer am Schoulbetrib opmierksam ze maachen.
- Bei der Iwwerwaachung an der Organisatioun vun de Schoulgebaier ze hëllefen.
- Déi ausserschoulesch Betreuungsaktivitéiten ze begleeden an d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen engagéierte Partner ze fördern.

## 5. Aufgabe vun der Elterevereenegung

Präsidentin: Alicia Thill | elterevereenegung.beaufort@gmail.com

- D'Elterevereenegung organiséiert Aktivitéiten fir a mat de Schoulkanner:
- Organisatioun vum Schoulfest, Coupe scolaire, Kleesschen,... an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal
  - Organisatioun vum traditionellen Buffet mat Croissante a Mëllech den 1. Schouldag am September
  - Organisatioun vun ausserschouleschen Aktivitéiten, ewéi Kürbisse schnëtzen, Kleeschen doheim, Kannerfuesbal, Back to School Party,...
  - finanziell Ënnerstëtzung vu schoulesche Projeten vum C1 bis C4



## 6. Aufgabe vun der Maison Relais

Responsabel: Sergio Fernandes | mrbeaufort@youthhostels.lu

- Encadrement vu Schüler ausserhalb vun de Schoulzäiten (virun 8h00, an der Mëttesstonn, no 12h00 resp. 16h00)
- Sämtlech Aktivitéiten
- Aschreiwungen vun den Kanner fir an der MR betreit ze ginn.

## 7. Aufgabe vum FILANO-Vertrieder

Anne Kohl-Kortum | anne.kortum@beaufort.lu

- Léisungen fir sämtlech Probleemer, déi am Zesammenhang mat der Schwämm an der Fiels (Centre FILANO) op d'Tapët kommen, fannen – an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal an/oder der Gemeng
- Verbesserungsvirschléi fir de Fonctionnement mam FILANO

## NATIONAL ENERGIEWOCH MAT ENGER VISITE ZU BEEFORT



**Vum 3. bis den 10. Oktober waren dëst Joer d'Engerwochen, déi vum Oekozynter Pafendall an dem Mouvement Écologique organiséiert goufen an ënnert dem Patronage vum Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire, du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et du Ministère de l'Économie stoungen. Um Programm figuréieren eng Konferenz a véier Visitten zum Thema "Klimaneutralitéit im Gebäudesektor bis 2050: Auf dem Bestand aufbauen".**

An dësem Kader gouf et den 9. Oktober eng Visite vum Chantier op Nummer 10, Montée du Château zu Beaufort gemeet. Op dëser Plaz am historeschen Duerfkär gëtt een denkmalprotegéiert Gebai sanéiert an hei entstinn dräi

sozial Wunnengen, déi sech op déi dräi Stäck vum Gebai verdeelen. An der Gemengerotssetzung vum 31. Januar 2022 gouf eestëmmege den "Avant Projet détaillé" an Héicht vun 1.445.724,71 Euro gestëmmt an de Fonds du Logement subventionéiert dëse Projet mat 75 Prozent.

No enger kuerzer Aleedung vum Thécla Kirsch (Bauberoderin, Oekozynter Pafendall) an e puer Erklärungen vum Marc Rodesch, Responsable vum Service technique vun der Gemeng, huet den Architekt Uwe Kramer vun "MN Architectes" dëse Projet virgestallt an ass op déi verschidde Constraints vun de Virgaben agang. Mat enger Rei Anekdoten aus senger Beruffs- a Liewenserfahrung, déi hien de Leit op eng humorvoll Art a Weis eriwwer

bruecht huet, hu jidderengem eng praktesch Virstellung vun dësem Konzept vermëttelt.

Déi offiziell Beschreiwung aus der Broschüre: "Vorgabe war die Sanierung und energetische Ertüchtigung bzw. Nachbesserung des bestehenden Gebäudes zur Schaffung von bezahlbarem Wohnraum. Aufgrund der Positionierung im historischen Dorfkern von Befort und den damit verbundenen engen Straßenverhältnissen um das Gebäude herum sind besondere Maßnahmen nötig. Das Gebäude sollte auch in seinem äußeren Erscheinungsbild so authentisch wie möglich bleiben und sich, wie bisher auch, nahtlos in das Dorfbild einfügen.

Die engen Straßenverhältnisse und auch die Forderung des Denkmalschutzes, das Volumen nicht zu erweitern, verbieten eine Ausdehnung des bestehenden Gebäudevolumens und erfordern somit besondere Konstruktions- und Detaillösungen, sowie eine sensible Herangehensweise bei der Planung und während der Ausführung. Gleichwohl sind selbstverständlich alle gesetzlichen Vorgaben, wie zum Beispiel der Wärmeschutz einzuhalten.

Ziel war es daher, die bestehende Bausubstanz weitestgehend zu erhalten und mit gezielten Maßnahmen zu ergänzen um eine möglichst ressourcenschonende und ökologische Sanierung mit nachhaltigen Baustoffen zu gewährleisten. Die Außenwände werden auf der Rauminnenseite mittels einer Holzfaserdämmplatte energetisch ertüchtigt, die eine rigide Trägerplatte zur Aufnahme von Glattvlies und



Anstrich aufweist. Die bestehenden Fassaden werden auf der Außenseite mit einem neuen mineralischen Fassadenputz versehen und die Sandsteinleibungen aufgearbeitet.

Das Steildach wird mit einer Wärmedämmung aus Holzfaserdämmplatten und einer traditionellen und regional typischen Eindeckung aus Naturschiefer ausgeführt. Fallrohre und Rinnen sind aus langlebigem Kupferblech, deren Lebensdauer Zink bei weitem übersteigt. Alle vorgenannten Konstruktionen werden diffusionsoffen ausgeführt, um Feuchteschäden zu vermeiden und die Langlebigkeit des Gebäudes zu gewährleisten.

Die Holz-Alu-Fenster mit dreifach Isolierverglasung und Absturzsicherungen aus Glas bieten Schall- und Wärmeschutz einerseits und sind andererseits in Form und Aussehen den bestehenden Fenstern nachempfunden. Die bestehende, stark in Mitleidenschaft gezogene Haustür wird durch eine neue aus massivem Eichenholz ersetzt und orientiert sich im Stil an der bestehenden Haustür.

Die Verwendung von Beton wurde auf das statisch notwendige Maß beschränkt. Beheizt wird das Gebäude durch den Anschluss an das bestehende Fernwärmenetz der Gemeinde Beaufort, welches mit Hackschnitzeln beheizt wird. Durch eine Lüftungsanlage mit einem Enthalpietauscher wird bis zu 78 Prozent der Wärme und bis zu 65 Prozent der Feuchtigkeit wiedergewonnen, was Energie und Kosten gleichermaßen spart und gleichzeitig für ein komfortables Innenraumklima sorgt."



## KLIMAFORUM 2024 MAT DEN NOPESCHGEMENGEN ZU BEEFORT



**D'Gemenge Beefort, Hiefenech a Waldbëlleg hunn e Méindeg, den 2. Dezember, am Kummelsbau gemeinsam de Klimaforum 2024 organiséiert. Dësen Informationsowend mat Biergerbedeelegung war an zwee grouss Kapitelen ënnerdeelt.**

Am éischten Deel hunn déi zwee Klimaberoeder Thomas Schlicher (Gemenge Beefort an Hiefenech) an de Bernhard Jaeckel (Gemeng Waldbëlleg) de Klimapakt 2.0 virgestallt. D'Participanten vum Klimaforum goufen dobäi vum aktuelle Stand, den Aktivitéiten, de Konzepter an iwwert d'Auditen an hire jee-weilege Gemengen informéiert. Bekanntlech gouf d'Gemeng Beefort d'lescht Joer zu Lör-rach am Dräilänner-Eck Däitschland, Schwäiz a Frankräich mat 90,7 Prozentpunkten als

bescht Gemeng an Europa am Joer 2023 ausgezechent. An der globaler Ranglëscht an no weideren Auditen a Re-Audite vu verschidde Gemengen am Kader vum Klimapakt 2.0 läit d'Gemeng Beefort aktuell op der zweeter Plaz an Europa.

Méi interessant war den zweeten Deel vum Owend am Beräich vum lokale Klimaschutz a Klimawandel mam Thema "Photovoltaik fir Privatleit a Betriber". Betriber waren net vertruede mee dat huet net dru gehënnert fir dem Martin Schmitt vun der Klima-Agence opmierksam nozelauschten.

Virgestallt goufen ënner anerem d'Méiglechkeeten, d'Demarche a Subside fir souwuel Eefamilljenhaiser a Residencen. Interessant

ware weider Sujeten ewéi zum Beispill Rentabilitéitssteigerungen duerch Batterien, Energieverbrauch, Stromdeelen, Kombinatioun mat Wärmepumpelen an och Subsidien.

Zum Schluss goufe perséinlech Froe beäntwert a verschidde Leit aus dem Publikum hunn

hire Bléckwénkel zum Thema an Erfahrungen aus dem Bekanntekrees matgedeelt. Ofgeschloss gouf de Klimaforum mat engem vun der Gemeng Beaufort offréierten Éierepatt, zu dem d'Schäffin Lynn Mossong invitéiert huet, déi iwwregens d'Leit uganks zum Klimaforum begréisst huet.






Gemeng  
**BEEFORT**  
Déiljen | Grondhaff

**PacteClimat** | EUROPEAN  
ENERGY  
AWARD  
Ma commune s'engage pour le climat

## Et si notre commune devenait un champion de l'énergie solaire ?

*Wéi wier et, wann Är Gemeng zum  
Solarenergie-Champion géif ginn?*



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité



**klima  
agence**

## **FR** Notre commune participe au Solar Challenge, un concours national pour encourager le développement de l'énergie solaire au Luxembourg.

Citoyens, entreprises, acteurs locaux, votre rôle est essentiel pour relever ce défi. Voici comment vous pouvez nous accompagner :

- installez des panneaux photovoltaïques sur votre maison ou entreprise
- inspirez vos voisins et collègues en partageant vos expériences solaires.

### **Pourquoi participer ?**

Exploitez les avantages de votre propre installation photovoltaïque et aidez notre commune à atteindre ses objectifs.

### **Vous êtes prêt à réaliser votre projet d'énergie solaire ?**

Profitez du conseil gratuit et indépendant de Klima-Agence sur [klima-agence.lu](http://klima-agence.lu) ou au 8002 11 90 !

*Chaque geste compte. Ensemble, faisons briller notre commune !*

Découvrez l'initiative Solar Challenge sur :  
**[solarchallenge.lu](http://solarchallenge.lu)**

## **LU** Eis Gemeng mécht beim Solar Challenge mat, engem nationale Concours, deen d'Entwécklung vun der Solarenergie zu Lëtzebuerg fërdere soll.

Bierger, Betriber, lokal Acteuren – Är Roll ass entscheidend, fir dësen Defi ze packen. Sou kënn der eis ënnerstëtzen:

- Installéiert eng Photovoltaikanlag op Ärem Haus oder an Ärem Betrib
- Inspiréiert Är Noperen a Kolleegeen, andeems der Erfarungen aus der Photovoltaik deelt.

### **Firwat sollt der matmaachen?**

Profitéiert vun de Virdeeler vun enger eegener Photovoltaik-Analg an drot aktiv zu den Ziler vun eiser Gemeng bäi.

### **Dir wëllt Äre Solarenergie-Projet emsätzen ?**

Loosst lech onofhängeg a gratis vu Klima-Agence op [klima-agence.lu](http://klima-agence.lu) oder um 8002 11 90 beroden !

*All Geste zielt. Loosst eis zesammen eis Gemeng zum Strale bréngen!*

Gitt méi gewuer iwwer d'Initiativ Solar Challenge ënnert  
**[solarchallenge.lu](http://solarchallenge.lu)**



Gemeng  
**BEEFORT**  
Déiljen | Grondhaff



## Et si vous receviez une aide étatique Klimabonus pour passer à l'électrique ?

Die Förderung der Elektromobilität bleibt ein Schlüsselement der Bemühungen zur Dekarbonisierung des Transportsektors. Die luxemburgische Regierung setzt ihre Bemühungen um eine nachhaltige Mobilität durch ihr Förderprogramm **Klimabonus** fort.

### Fahren Sie mit den Klimabonus-Mobilitätsbeihilfen in eine nachhaltige Zukunft

Seit dem 1. Oktober 2024 beträgt die Prämie für den Kauf eines reinen Elektroautos (bis zu 16 kWh/100 km), eines elektrischen Familienautos (mindestens 7 Sitze) oder eines emissionsfreien Lieferwagens (Wasserstoff oder Elektroantrieb) 6.000 €. Für ein Elektroauto mit einem Verbrauch zwischen 16,1 kWh/100 km und 20 kWh/100 km beträgt die Beihilfe 3.000 €, vorausgesetzt die Leistung eines Autos mit einem Verbrauch von über 18 kWh/100 km übersteigt nicht 150 kW.

Fahrer von leichten Fahrzeugen wie Quads, Motorrädern und Mopeds können ebenfalls einen Zuschuss von bis zu 1.000 € für den Kauf eines elektrischen Modells erhalten.

Ein neuer Zuschuss von 1.500 € wurde ab dem 1. Oktober für gebrauchte Elektrofahrzeuge eingeführt, die mindestens drei Jahre alt sind; diese müssen mindestens zwei Jahre lang gehalten werden.

Die Beträge und die Bedingungen für die Klimabonus-Beihilfen finden Sie auf unserem Klima- Agence-Simulator: [aides.klima-agence.lu](https://aides.klima-agence.lu).

### Laden Sie Ihr Fahrzeug bequem und nachhaltig zu Hause auf

Zusätzlich unterstützt die Regierung die Installation von privaten Ladestationen. Sie können eine Förderung von bis zu 1.200 € für eine intelligente Ladestation in einem Einfamilienhaus (1-3 Plätze) und bis zu

1.650 € für eine Installation in einer Eigentumswohnung (≥ 4 Plätze) erhalten. Die Installation muss jedoch bis Ende 2025 fertiggestellt werden. Wenn Sie über eine Photovoltaikanlage verfügen, können Sie den erzeugten Strom auch direkt zum Laden Ihres Fahrzeugs verwenden.

Weitere Informationen zu Ladestationen finden Sie auf unserer Vergleichsplattform für Ladestationen unter [bornes.klima-agence.lu](https://bornes.klima-agence.lu).

Planen Sie den Kauf eines neuen Elektroautos? Klima-Agence unterstützt Sie bei Ihren Überlegungen vor dem Kauf Ihres zukünftigen Fahrzeugs, indem sie Ihnen eine unabhängige und kostenlose Grundberatung für Ihre nachhaltige Mobilität anbietet. Vereinbaren Sie einen Beratungstermin (telefonisch oder bei Ihnen zu Hause) unter [klima-agence.lu](https://klima-agence.lu) oder telefonisch unter T. 8002 11 90.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit  
[klima-agence.lu](https://klima-agence.lu) • 8002 11 90



Gemeng  
**BEEFORT**  
Déliljen | Grondhaff



## Wie wäre es, wenn Sie eine staatliche Klimabonus-Förderung für den Umstieg auf Elektromobilität erhalten?

Die Förderung der Elektromobilität bleibt ein Schlüsselement der Bemühungen zur Dekarbonisierung des Transportsektors. Die luxemburgische Regierung setzt ihre Bemühungen um eine nachhaltige Mobilität durch ihr Förderprogramm **Klimabonus** fort.

### Fahren Sie mit den Klimabonus-Mobilitätsbeihilfen in eine nachhaltige Zukunft

Seit dem 1. Oktober 2024 beträgt die Prämie für den Kauf eines reinen Elektroautos (bis zu 16 kWh/100 km), eines elektrischen Familienautos (mindestens 7 Sitze) oder eines emissionsfreien Lieferwagens (Wasserstoff oder Elektroantrieb) 6.000 €. Für ein Elektroauto mit einem Verbrauch zwischen 16,1 kWh/100 km und 20 kWh/100 km beträgt die Beihilfe 3.000 €, vorausgesetzt die Leistung eines Autos mit einem Verbrauch von über 18 kWh/100 km übersteigt nicht 150 kW.

Fahrer von leichten Fahrzeugen wie Quads, Motorrädern und Mopeds können ebenfalls einen Zuschuss von bis zu 1.000 € für den Kauf eines elektrischen Modells erhalten.

Ein neuer Zuschuss von 1.500 € wurde ab dem 1. Oktober für gebrauchte Elektrofahrzeuge eingeführt, die mindestens drei Jahre alt sind; diese müssen mindestens zwei Jahre lang gehalten werden.

Die Beträge und die Bedingungen für die Klimabonus-Beihilfen finden Sie auf unserem Klima- Agence-Simulator: [aides.klima-agence.lu](https://aides.klima-agence.lu).

### Laden Sie Ihr Fahrzeug bequem und nachhaltig zu Hause auf

Zusätzlich unterstützt die Regierung die Installation von privaten Ladestationen. Sie können eine Förderung von bis zu 1.200 € für eine intelligente Ladestation in einem Einfamilienhaus (1-3 Plätze) und bis zu

1.650 € für eine Installation in einer Eigentumswohnung (≥ 4 Plätze) erhalten. Die Installation muss jedoch bis Ende 2025 fertiggestellt werden. Wenn Sie über eine Photovoltaikanlage verfügen, können Sie den erzeugten Strom auch direkt zum Laden Ihres Fahrzeugs verwenden.

Weitere Informationen zu Ladestationen finden Sie auf unserer Vergleichsplattform für Ladestationen unter [bornes.klima-agence.lu](https://bornes.klima-agence.lu).

Planen Sie den Kauf eines neuen Elektroautos? Klima-Agence unterstützt Sie bei Ihren Überlegungen vor dem Kauf Ihres zukünftigen Fahrzeugs, indem sie Ihnen eine unabhängige und kostenlose Grundberatung für Ihre nachhaltige Mobilität anbietet. Vereinbaren Sie einen Beratungstermin (telefonisch oder bei Ihnen zu Hause) unter [klima-agence.lu](https://klima-agence.lu) oder telefonisch unter T. 8002 11 90.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige & kostenlose Beratung**  
[klima-agence.lu](https://klima-agence.lu) • 8002 11 90

# REPORTAGE

## FRÉIERE SCHAPP VUM "JOSY" OFGEBRANNT



**Am Laf vum Donneschdegnomëtteg vum 18. Juli huet et am fréiere Schapp vum "Josy" gebrannt. De "Josy" ass den Zichelchen, dee vum Grondhaff erop op Beefort gefuer ass.**

Am Joer 1966 huet de "Comité protecteur de la Troupe St Willibrord" vun lechternach de Schapp vun der CFL mam Terrain fir 78.000 Lëtzebuerger Frang ofkaaft. De Scoutsgrupp "Troupe St Willibrord" gouf 1921 zu lechternach gegrënnt, deen am Géigesaz zum anere bestoende Scoutsgrupp och Nët-Studenten opgeholl huet. Während de Krichsjore gouf de Grupp opgeléist an deen am Joer 1931 ageweite Chalet tëschen lechternach a Weilerbaach ofgerappt. Mam Schwéierpunkt "Beschaffen ordentlicher Uniformen" gouf am Joer 1948 een éischte "Comité protecteur" gegrënnt a mam Zil Sue fir een neie Chalet ze besueren hu sech 1952 déi fréier Scouten zu enger Amicale ënnert dem Numm "déi al Trapper-

ten" zesummegeedoen. Ënnert hirem President Jérôme de Jong huet am Joer 1966 gouf de Schapp ofkaaft. Den 20. September 2002 koum et zur Neierëffnung vum komplett renovéierte "Scout-Chalet Jérôme de Jong".

An der Gemengerotssëtzung vum 12. Dezember 2014 huet de Gemengerot décidéiert dëse Chalet fir 150.000 Euro ze kafen an ze renovéieren.

An der rezenter Vergaangenheet waren hei e puer Bewunner vum ofgebranntem Hotel um Grondhaff ënnerbruecht an zanter gutt zwee Méint stoung d'Gebai eidel.

Op der Plaz waren d'Police vun lechternach, "Centre d'incendie et de secours" vu Beefort, Waldbëlleg, Fiels, Baërdref, Konsdref, Reisduerf an lechternach, grad esou wéi d'Ambulanz aus der Fiels.







## INTERAKTIVE GEO-PAD “HAUPESCHBAACH AN HALERBAACH” AGEWEIT



**Am Nomëtteg vum Dënschdeg, den 9. Juli, gouf den interaktive Geo-Pad “Haupeschbaach an Halerbaach” a Präsenz vum Minister fir Raumentwécklung Claude Meisch offiziell ageweit. Schonns am Oktober d’lescht Joer gouf de Grondstee vun dësem Geo-Pad geluecht.**

Bei senger Arrivéee virum Haus vum Natur- a Geopark Mëllerdall (NGPM) gouf de Minister Claude Meisch vum President vum NGPM Ben Scheuer, dem Beeforter Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch an dem Direkter vum NGPM Claude Petit begréisst. Op der Plaz selwer goufen dem Minister d’Pläng vum neie “Centre d’accueil” virgestallt an déi Aarbechte lafen op Héichtouren.

Uschléissend stoung d’Visite vun der interaktiver Dauerausstellung an der fréierer Jugendherberge um Programm. Si gouf virum zwee

Joer ageweit an erkläert d’Geschicht vun der Regioun vum Natur- a Geopark Mëllerdall.

Den offiziellen Deel vun der Aweigung vum interaktive Geo-Pad huet an der Härewiss stattfonnt an ofgeschloss gouf d’Feier mat enger Visite guidée.

### Interaktiver Geo-Pad in Befort

Der „Mëllerdall Unesco Global Geopark“ hat im Beisein von Claude Meisch, Minister für Raumentwicklung, den Geo-Pad in Befort eingeweiht. Nach der erfolgreichen Eröffnung des Geo-Pads „Hëlt“ in der Gemeinde Rosport-Mompach im Jahr 2022 setzt die Region ihr Engagement für die geologische Bildung und den Schutz des natürlichen Erbes der Region fort.

Geo-Pied sind speziell gestaltete Wanderwege, die zu geologisch interessanten Stätten, sogenannten Geotopen, führen. Besucher erfahren hier Spannendes über die Erdgeschichte und den Zusammenhang zwischen Geologie und dem natürlichen sowie kulturellen Erbe der Region. Der neue Geo-Pad mit dem Namen „Haupteschbaach an Halerbaach“ erschließt das gleichnamige Geotop in der Gemeinde Befort. Dieses Geotop repräsentiert die charakteristischen engen Täler im Luxemburger Sandstein. Es ist nicht nur ein Geotop des Unesco Global Geoparks, sondern auch ein nationales Monument und Teil des europäischen Schutzgebietsnetzwerks Natura 2000. Der Weg erstreckt sich über fünf Kilometer und beginnt am Parkplatz Härewiss in Befort. Er bietet eine faszinierende Reise rund um das Thema Wasser. Besucher können erfahren, wie Wasser vor 200 Millionen Jahren bei der Entstehung des Luxemburger Sandsteins eine Rolle spielte, welche Prozesse heute am Bach beobachtet werden können und welche Tiere und Pflanzen im und am Wasser leben. Darüber hinaus wird erläutert, woher das Wasser im Bach stammt und wie der Mensch es nutzt, einschließlich seiner Kraft.

Der Geo-Pad besteht aus 14 teils interaktiven Stationen. Der Weg ist mit einer fossilen Auster („Teufelskralle“) markiert, die daran erinnert, dass die Gesteine der Region vor langer Zeit in einem Meer entstanden sind.

Die Umsetzung dieses Projekts wurde durch die Zusammenarbeit zahlreicher Partner ermöglicht, darunter das Team des Natur- und Unesco Global Geopark Mëllerdall, die Gemeinde Befort, der regionale Tourismusverband Region Müllerthal sowie der zuständige Förster.

Zudem ist ein weiterer Geo-Pad in der Gemeinde Berdorf in Planung, der im Laufe des Jahres 2025 fertiggestellt wird, um das Angebot an geologischen Wanderwegen weiter auszubauen.

### Kombi-Tipp

Eine Wanderung auf dem neuen Geo-Pad lässt sich perfekt mit einem Besuch der Geo-Expo in Befort kombinieren. In dieser interaktiven Ausstellung in den Räumlichkeiten der ehemaligen Jugendherberge wird die Entstehung der Region des Natur- und Unesco Global Geopark Mëllerdall thematisiert.

Im Zentrum der Ausstellung lassen sich auch Steine aus aller Welt bestaunen. Die sogenannte „Wall of Geoparks“ macht das Netzwerk der Unesco Global Geoparks für den Besucher sichtbar und veranschaulicht auf beeindruckende Weise die Vielfalt des geologischen Erbes. Die Ausstellung ist täglich von 10 bis 17 Uhr geöffnet und der Eintritt ist frei.







## KOMPENSATIONSMOOSNAME VUN DER ANF OP “KOSELT”



**E Méindeg, de 15. Oktober, goufen dem Beeforter Schäffen- a Gemengerot déi verschidde Kompensatiounsmoosnamen op “Kosselt” säitens der Natur- a Forstverwaltung virgestallt.**

No enger kuerzer Aleedung duerch de Mike Molling, Direkter-Adjoint vun der ANF (Administration de la nature et des forêts) ass de Gilles Biver als Verrieder vum Ëmweltministère op d’Entsteung vun de Kompensatiounsmoosnamen agaangen. Mat der Zäit huet sech erausgestallt, datt déi gutt gemengte Mesure Lacunnen haten ewéi zum Beispill de Suivi vun de jeeweilige Projeten an esou goufe Verbesserung virgeholl.

Catherine Gonner a Maurice Probst vum Service compensation vun der ANF hunn déi verschidde Kompensatiounsmoosnamen er-

kläert, déi an noer Zukunft wäerte fäerdeg sinn a mam Rhythmus vun der Natur wäerte sech nach an den nächste Joren a Joerzénge weiter entwéckelen. “Kosselt” läit iwwregens ausganks Beefort Richtung Grondhaff, op der lénker Säit éier een an de Bësch erafiert. Ënndrënner ass de Pressecommuniqué op däitsch:

Um den Verlust der Biodiversität durch Bauprojekte auszugleichen, schreibt das Naturschutzgesetz von 2018 vor, verlorene Biotope, wie zum Beispiel Hecken und Bäume, wiederherzustellen. Diese sogenannten Kompensationsmaßnahmen finden im ganzen Land auf Staatsflächen statt.

Vor einigen Jahren hat der luxemburgische Staat deshalb bei Befort auf dem Flur „Kosselt“ etwa 45 Hektar Wiesen und Weiden er-

worben. In den kommenden Monaten wird die Natur- und Forstverwaltung hier ein solches Projekt zur Wiederherstellung von Natur durchführen.

Die Grünland-Flächen sind frei von Gehölzen wie zum Beispiel Hecken und Bäume und bieten daher ein besonders hohes Potential an ökologischen Aufwertungsmaßnahmen. Um mehr Biodiversität in das momentan eintönige Grünland zu bringen, werden hier Stillgewässer angelegt, Hecken und Bäume gepflanzt und Stein- und Totholzhaufen errichtet. Die Maßnahmen schaffen neue Lebensräume für diverse Tier- und Pflanzenarten.


Die Neuanlage von Stillgewässern gehört zu den wichtigsten Aufgaben des Naturschutzes in Luxemburg, da in den letzten 70 Jahren etwa 80 Prozent der Feuchtgebiete verschwunden sind. Diese Entwicklung gefährdet das Überleben wasserabhängiger Tier- und Pflanzenarten. Um diesem Trend entgegenzuwirken, werden hier sogenannte „Himmelweiher“ angelegt, welche ausschließlich vom Regen gespeist werden. Die sonnenexponierten Stillgewässer bieten seltene Lebensräume für spezialisierte Arten, wie zum Beispiel der Kammolch oder den europäischen Laubfrosch. Gleichzeitig speichern sie Regenwasser, entlasten somit das Abwassersystem und geben in Trockenperioden Wasser an die Umgebung zurück. Die Himmelweiher werden

die Landschaft maßgeblich verändern und zu Hotspots der Biodiversität werden.

Neupflanzungen von Obst- und Laubbäumen sowie Hecken schaffen neue Lebensräume und Nahrungsquellen für Insekten, Vögel und Fledermäuse. Gepflanzt werden insbesondere lokale Sorten, wie zum Beispiel den „Luxemburger Triumph“ oder die „Nélchesbir“. Sie werden später nicht nur schön blühende Streuobstwiesen („Bongert“) bilden, sondern auch frisches Obst liefern. Durch die Pflanzung von seltenen Baumarten, wie der Mehlbeere, Elsbeere, Speierling oder Feldulme leistet das Projekt zudem einen Beitrag zum Erhalt dieser alten Arten.

Eine biodiversitätsreiche Kulturlandschaft ist auf eine landwirtschaftliche Nutzung angewiesen. Zäune ermöglichen die Aufteilung der Fläche in verschiedene Nutzungen und schaffen so ein Mosaik aus Mähwiesen und Weiden. Brachestreifen, die nur alle paar Jahr gemäht werden, schaffen Rückzugsräume für Tierarten, wie den Feldhasen oder die Igel. Ein Verzicht an Düngemitteln und Pestiziden fördert diverse Kräuterarten, was insbesondere einer Vielzahl von Bestäubern und Käfern zugutekommt.

Weitere Fragen können über die E-Mail-Adresse [ecopoints@anf.etat.lu](mailto:ecopoints@anf.etat.lu) oder telefonisch (247-56657) eingereicht werden.







## Das Kompensationsprojekt Beaufort

---

### Was passiert hier?

Zur Förderung von Tier- und Pflanzenarten setzt die Naturverwaltung im Rahmen eines Kompensationsprojektes unterschiedliche Naturschutzmaßnahmen auf 45 Hektar in Beaufort um. Diese tragen dazu bei, die durch Bauprojekte in Luxemburg zerstörten Biotope wieder neu herzustellen um somit dem Biodiversitätsverlust in Luxemburg entgegen zu wirken.







### Maßnahmen

**Anlage von Stillgewässern:**  
Stillgewässer verschiedener Größen und Tiefen werden mithilfe schwerer Maschinen angelegt. Der lehmige Boden ermöglicht „Himmelsweiher“, die ausschließlich vom Regen gespeist werden. Flache, sonnige Ufer schaffen Lebensräume für Amphibien.

**Anlage von „Mäuseburgen“:**  
Das Aushubmaterial der Weiher wird zu kleinen Erdwällen, sogenannte „Mäuseburgen“ aufgeschüttet. Die sonnenexponierten Bereiche werden von Reptilien, sonnenliebenden Insekten und auch Mäusen aufgesucht. Ein aufwendiger Abtransport entfällt.

**Pflanzen von Bäumen und Hecken:**  
Mehr als 360 Obst- und Laubbäume werden gepflanzt, darunter in Luxemburg seltene Arten wie den Speierling oder die Mehlbeere. Neue Heckenstrukturen werden die Landschaft neu gliedern.

**Aufstellen von Zäunen:**  
Unterschiedliche landwirtschaftliche Nutzungen fördern die Biodiversität. Die Flächen werden deshalb neu unterteilt und getrennt voneinander beweidet oder gemäht.

### Weitere Fragen?

Weitere Informationen zur Kompensation in Luxemburg können über die Internetseite [www.compensation.lu](http://www.compensation.lu) aufgerufen werden.

Bei Fragen oder Anmerkungen zum Projekt können Sie sich per Mail an [ecopoints@anf.etat.lu](mailto:ecopoints@anf.etat.lu) oder per Telefon an 247-56657 wenden.

Weiterführende Informationen:





Administration de la nature et des forêts  
Grand-Duché de Luxembourg



## BEEFORTER SCHLÄSSER: GËSCHTER, HAUT A MUER



**Ëm déi 40.000 Visiteure passéieren an der Moyenne an de leschte Joren d'Entréesdiere vun de Beeforter Schlässer. Beeforter Schlässer an der Mehrzahl wuelgemierkt well de komplette Site setzt sech zesummen aus der mëttelalterlecher Buerg an dem Renaissance-Schlass.**

D'Buerg, déi ee vun der Strooss aus gesäit, gouf vun de Häre vu Beefort a véier verschidde Phase tëschen de Joren 1050 a 1650 gebaut: 1050 (Entsteeung vun der Buerg am eeleften Joerhonnert), 1192 (Häre vu Beefort aus dem Haus Wolz), 1348 (Erweiderung duerch d'Häre vun Orley-Beaufort) a 1639 (Jean de Beck gëtt Här vu Beefort). Als éischte Här vu Beefort gëtt de Walter vu Wolz erwäant.

An de verschidde Joerhonnerten hunn e puer Kéieren d'Besëtzer vun der Buerg gewiesselt an ab der Hallschent vum 18. Joerhonnert blouf se onbewunnt. Wärend dëser Zäit hunn d'Awunner aus der Géigend d'Buerg als Steebroch benotzt an a villen eeleren Haiser fënnt een nach haut Steng aus der Buerg, déi fir de Bau vum Haus geholl goufen.

Am Joer 1928 huet den neie Propriétaire Edmond Linckels, déi zanter 300 Jore vernoléisegt an onbewunnte Buergruin geraumt a se vun der iwerrwuchert Vegetatioun aus de leschte Joerhonnerte befreit. No grësseren Instandsetzungsarbechte gouf d'Ruin am Joer 1932 fir déi éischte Kéier touristesch er-

schloss a fir d'Ëffentlechkeet zougänglech gemeet. Zanter 1988 steet de Besëtz ënner Denkmalschutz.

Iwwerhalb vun der mëttelalterlecher Buerg-ruin kann een d'Renaissance-Schlass aus dem 17. Joerhonnert entdecken. Ofgesi vu verschidden Ubau- an Ausbauarbeiten huet d'Renaissance-Schlass zanter der Constructioun glécklecherweis ni Schued erlidden an ass zanter iwwer 360 Joer am Wesentlechen onverännert bliwwen.

Dës Renaissance-Schlass ass d'Wierk vun engem vun de bedeitendste Lëtzebuurger, dem Jean Baron de Beck, deen eng impressio- nant Karriäre beim Militär opzeweisen huet. 1588 am Gronn gebuer huet hien de 17. No- vember 1639 d'Buerg opkaaft an et geet een dovun aus, datt d'Arbechte vum Renaissan- ce-Schlass am Joer 1643 ugefaangen hunn. Inscriptiounen "1648" a "1649" deiten drop hin, datt Arbechten an de verschidden De- eler vum Schlass ofgeschloss goufen. De Jean Baron de Beck ass den 22. August 1648 gestu- erwen esou, datt hien dat fäerdeg Schlass net erliewe konnt. Ofschléissend erwäne mer nach zwou Saachen: De Jean Baron de Beck war ënner anerem kaiserlicher Generalfeldwach- meister an ab 1642 Zivil- a Militärgouverneur vum Herzogtum Lëtzebuerg an der Grofschaft Chiny.

Am Joer 1934 huet den Edmond Linckels (ge- buer den 23. Oktober 1903 zu Beaufort) d'An- ne-Marie Volmer, gebuer den 29. Dezember 1914 zu Berlin, bestuet. Si ass d'Meedche vum Max Joseph Volmer, President vum "Kammer- gericht" zu Berlin a Marcelle Schwartz, déi hir Bom Anne-Catherine Even vu Beaufort war. Aus dem Bestietnes Linckels-Volmer ass ee Bouf entstanen an zwar de José, gebueren de 16. Mee 1936 a gestuerwen am Alter vun 53 Joer de 25. Juni 1989. Bedéngt duerch säin Handicap hat hie keng Kanner an esou gouf et och keng Ierwen.

Edmond Linckels, dee sech staark fir d'Ent- wécklung vum Tourismus engagéiert huet an och President vum Beauforter Syndicat d'initia- tive war, ass 28. Februar 1975 gestuerwen. An- ne-Marie Linckels-Volmer huet zanter deem de komplette Site geréiert an den 8. Abrëll 1981 un de Staat mat engem Widdem (lie- wenslänglecht Wunnrecht) verkaaft. Si huet sech aktiv um Duerfliewe bedeelegt mat ënner anerem Presidentin vun den "Amis de l'ancien château", Member bei der "Amiperas", "Ami- cale" an der berodender Kulturkommissioun. 2009 krut si vum Grand-Duc Henri den "Offi- cier de l'Ordre grand-ducal de la Couronne de Chêne" iwwerrecht. Den 8. August 2012 ass Anne-Marie Linckels-Volmer am Alter vu 97 Joer gestuerwen an hiert Graf läit zesumme mat der Famill hei zu Beaufort um Kierfecht.





No dësem kuerze Réckbléck komme mer zeréck an déi haiteg Zäit. Schlassfester an déi sëlleg Concerte mat Kënschtler vun internationaler Renommée sinn a ganz gudder Erënerung bliwwen, am Géigesaz zum 31. Juli 2021. Déi bausecht Schlassmauer ass agefall an dat grad engem Moment, wou ee méi positiv no vir gekuckt huet. Et war um Wee vun der Normaliséierung vum Alldag aus de leschte Joren a knapps zwou Wochen nom Joerhonnerthéichwaasser, déi an eisen Nopeschlänner fir honnerten Doudesaffer gesuergt huet. Stéchwuert "Ahrtal".

Nieft dem starke Ree Mëtt Juli goufen et nach weider Ursaache fir de Mauerfall, sou de Bauhär vum Projet vun der Restauratioun, den "Institut national pour le patrimoine architectural" (INPA). Dozou zielt de sandesche Buedem op deem d'Mauer gebaut ass a wou de feste Fouss eréischt no ongeféier zéng Meter a Form vu Fiels kënnt. D'Mauerkroun war ebefalls net méi dicht an doduerch koum et zum Duerchschwämme vun der mëttelster Mauerschuel. Mëttelalterlech Festungsanlage goufen deemools als "Sandwich-Konstruktioon" gebaut, déi aus puer Schuele bestinn, woubäi

d'Schuel an der Mëtt mat Mörtel, Sand a Geröll gefüllt war, fir datt d'Mauer eng gewësse Flexibilität hat wa se beschoss ginn ass.

Nodeems d'Mauerschuel zesummegefall ass, huet fir d'éischt eng Noutstabilisatioun misste gemeet gi fir datt dat, wat nach stoe bliwwen ass stabiliséiert gouf an näischt weider konnt erofkommen. Uschléissend goufen d'Deeler lénks a riets vum Virfall stabiliséiert. Eier dës Stabiliséierungsaarbechte gemaach konnte ginn, hu missten Etude gemaach gi fir genau erauszefanne wat sech alles gesat huet, wat genau d'Ursaache waren an och wéi wäit déi Deeler ronderëm d'Plaz, déi zesummegefall ass, beschiedegt sinn.

An de Joren 2022 an 2023 gouf den Aganksturm lénks vun der beschiedegter Mauer consolidéiert. Hei gouf d'Mauer nei verfestegt a verfëllt, verpresst an d'Mauerkroun nei ofgedicht. Dono goufen d'Fouen erausgekraazt a verdicht an de ganzen Aganksturm nei verfouert. Eréischt wéi d'Aarbechten un deem Deel ofgeschloss waren, huet een ugefaangen déi Steng, déi erofgebrach sinn, opzeraumen an ze sortéieren. Déi Steng, déi fir den Opbau

gebraucht konnte ginn, goufe fachgerecht tëschegelegert. Nodeems alles geraumt war, konnt een déi Mauerschuelen, déi net eroffgefall sinn, mat engem Spezialmortier befestegen.

No dësen Aarbechte goufen du sougenannt Bohrpfähle gebuert, déi bis op de Fiels erfoginn. Dës sinn déi nei Fundamenter vun der Mauer. Eréischt nodeems d'Buerunge gemaach waren a mat Bëton verfëllt waren,

konnt ee "Streifenfundament" op der Gesamtlängt vun der Mauer gegoss ginn, op deem dann déi nei Mauer maçonéiert konnt ginn. Fir den Drainage goufen och nei Réier duerch a laanscht d'Mauer verluecht fir ze verhënnere, datt sech erëm Waasser an der Mauer usammelt an et sou zu Schied komme kann. Ongeféier 30 Prozent vun den ale Steng konnten erëm am Opbau vun der Mauer mat verbaut ginn an am September 2024, gutt dräi Joer nom Virfall, waren d'Aarbechte fäerdeg.

## CHÂTEAU FORT

Consolidation murs: photos



## CHÂTEAU FORT

Consolidation murs



Fir déi nächst Joren huet de Bauhär "Institut national pour le patrimoine architectural" weider Projete virgesinn ewéi zum Beispill Securisatiounsaarbechten um Circuit du-erch d'Buerg: Nei Gelänneren, Trape flécken a Fensterëffnunge securiséieren. Et ginn all Joer sämtlech Beräicher an der Buerg ënnersicht an e Screening gëtt erstellt fir ze kucken, u wéi enge Beräicher fir d'nächst geschafft

muss ginn. Op dës Analysen hin huet den INPA ee Plang erstellt, wéi eng Maueren a Beräicher an der Buerg fir d'nächst consolidéiert ginn. E gréissere Projet wäert ab dem nächste Joer 2026 lancéiert ginn: den Artilleriestuerm. Dëse gëtt grondsanéiert, d'Fundamenter gi stabiliséiert an och d'Elektresch an d'Sécherheet fir d'Visiteuren (nei Gelänneren) wäert iwwerschaaft ginn.

## CHÂTEAU FORT

Documentation avant intervention





Den INPA huet och um Renaissance-Schlass gréisser Aarbechte fir déi nächst Jore programméiert, ugefaange mat den Daacharbechten. Et lafen Aarbechten un den Diecher vum Nord-, Ost- a Westfligel, déi nei gedeckt ginn a wou d'Charpenten iwwerschaaft a sanéiert ginn. Wéi bei den aneren Aarbechte goufe wärend e puer Joer Analysen an Etuden gemaach, ënnert anerem fir d'Static vun der histoirescher Holzcharpente ze iwwerpräiwen, déi nach aus der Erbauungszeit vum Schlass aus de Jore 1648/1649 staamt. De gréissten Deel vun der Charpente soll erhale bleiwen, si gëtt just punktuell do, wou et absolut néideg ass, verstärkt. Leider si verschidden Hëlzer vun der Schalung faul a mussen ganz ersat ginn. Och muss de ganzen Daach op all Fligel an d'Horizontal gehuewe ginn an d'Cornichesteng nei geriicht oder ersat ginn.

D'Charpente vum Nordfligel soll och an Zukunft visibel sinn. Fir d'Static ze garantéieren, müssen hei minimal Adaptatiounen aus Metall gemaach ginn, déi sou mann wéi méiglech opfale sollen. Fir Daachfënstere goufen Etuden a Recherche gemaach, fir erauszefanne wéi déi original histoiresch Gauwen deemools ausgesinn hunn. Un Hand vun enger histoirescher Foto konnt den "Institut national pour le patrimoine architectural" déi genau Form a Gréisst vun den histoireschen Daachfënstere erausfannen, déi dann och elo erëm sou an d'Daachlandschaft vum Schlass integréiert ginn. D'Daachdeckung gëtt aus Schifer gemaach an et kënn och e Blëtzschutz op den Daach esouwéi Brandschutzprotektiounen tëschent den eenzele Fligele vum Schlass. No zwee Joer Bauzeit sollen d'Daacharbechten un den dräi Fligelen 2026 ofgeschloss sinn.


## CHÂTEAU RENAISSANCE

Toitures: planning




## CHÂTEAU RENAISSANCE

Toitures: aile nord




## CHÂTEAU RENAISSANCE

Toitures: photos








E weidere grouse Chantier, deen am Hierscht 2024 ugefaangen huet, ass d'Installatioun vun enger neier Heizungsanlag, engem Traffo an der Kanalisatioun um Site. An Zukunft soll d'Schlass mat enger Pelletsheizung geheizt ginn an déi kënnt an de Rousegäertchen, do wou de fréieren Héngerjuck war. Direkt niewendrun kënnt dann och de neien Traffo fir d'Schlass, deen dann et erlaabt gréisser Manifestatiounen ze organiséieren, ouni datt de Stroum ewechfällt. D'Schlass gëtt och nei un de Kanal an der Hauptstrooss ugeschloss an um Site soll d'Reewaasser gefaast a fachgerecht ofgeleet ginn. Aktuell lafen d'Preparatiounsaarbechten, déi sech am Verglach vun den aneren Aarbechten ënnerscheeden. Sou zum Beispill muss do, wou an de Buedem gegruewe gëtt, fir d'éischt d'Archeologe vum INRA (Institut national de recherches archéologiques) ënnersichen, op näischt Wäertvolles am Buedem läit, dëst well een op engem

historesch wäertvolle Site ass. Dës Aarbechten un der Infrastruktur an Technik sollen och 2026 ofgeschloss sinn.

Des Weideren huet den "Institut national pour le patrimoine architectural" och ronderëm d'Renaissance-Schlass gréisser Consolidatiounsaarbechten am Budget virgesinn. Dëst betrëfft haaptsächlech d'Mauern am Renaissance-Gaart. 2024 gouf déi éischt Mauer am Gaart grondsanéiert, nei verfëllt, verpresst a verfout. Et handelt sech hei ëm d'Mauer un der Südsäit vum Renaissance-Gaart. 2025 soll dann déi laang Mauer laanscht d'Ostsäit vum Renaissance-Gaart grondsanéiert ginn. Hei gëtt bis de Summer eng Soumissioun publizéiert, sou datt Enn 2025 d'Aarbechte kënnen starten. Enn 2026 missten dës Aarbechten dann ofgeschloss sinn a sämtlech Mauere vum Renaissance-Gaart grondsanéiert a geséichert sinn.

### CHÂTEAU RENAISSANCE

Jardin renaissance – consolidation des murs: photos



## CHÂTEAU RENAISSANCE

Technique – chauffage, réseaux

Situation existante



Photo de l'Association sud du pavillon - HIC 2022



Photo de l'Association sud du pavillon - HIC 2022

Situation projetée




Photo de l'Association sud du nouveau local technique et du patio - HIC 2022



Photo de l'Association sud du nouveau local technique et du patio - HIC 2022



Nach éier déi vill Aarbechten zesummen Enn 2026 ofgeschloss sinn, maache sech déi Verantwortlech Gedanken iwwert déi zukünfteg Notzung vum Renaissance-Schlass. Aktuell ass den INPA amgaange mat engem Team aus Architekten, Ingenieuren, Szenographen an awer och mat Hëllef vum CML (Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg), an deem d'Beeforter Schlassfrënn och vertrauede sinn, en Avant-Projet a besonnesch dem Nord-, Ost- a Westfligel (déi fréier Ställ an Héichscheier) auszeschaffen. Éischt Iwwerleeunge si gemaach a sollen elo 2025 verdéift an an en detailléierte Projet integréiert ginn.

D'Iddi ass, datt dës Fligelen, déi aktuell net fir de Public zougänglech sinn, als nei Muséeurfacë genotzt solle ginn. Et soll hei ëm d'Geschicht vum Renaissance-Schlass goen, vum Jean de Beck bis bei d'Madamm Linckels. Och d'Industriegeschicht um Schlass soll detailléiert erkläert ginn. Dës Surface sollen her no d'ganz Joer op sinn, an ouni Guide kënnen besicht ginn. Eng kleng Cafeteria mat Shop gëtt och mat integréiert, souwéi nei Toiletten, ee Lift, Stockagesurfacen an e Beräich fir Catering. D'Galerie am Nordfligel soll nämlech multifunktional kënnen genotzt ginn. Nieft dem normale Muséebetrieb soll hei awer och kënnen aner Events a Manifestatiounen dra gemaach ginn, wéi zum Beispill Concerten, Versammlungen oder och privat Feierlechkeeten.

Den Avant-Projet détaillé soll Enn 2025 fäerdeg sinn an dem Kulturminister präsentéiert ginn. Wéini hei déi éischt Aarbechten ufänke kann eréischt da gekuckt a geplangt ginn.


Et ass schwiereg ee Budget fir déi sämtlech Aarbechten opzestellen. Reegelméisseg kënt et zu Imprevuen ewéi zum Beispill bei der Restauratioun vun der Mauer. Hei goufen ënner anerem dräi Quellen ënnert der Mauer an ee Kanal fonnt. Et geet ee mat engem Investitiounsvolume vun ongeféier fënnf Milliounen Euro bis 2026 aus. Bedéngt duerch déi verschidden Aarbechte wäerten och 2025 keng gréisser Manifestatiounen méiglech sinn.

Op jidde Fall steet eppes fest: Beeforter Schlässer erwäche sou lues awer sécher aus hirem "Dornröschenschlof". Méi oder wéineger 100 Joer genee no dem Edmond Linckels sengen éischten Aarbechten d'Beeforter Buerger an d'Rei ze setze wäerte sech d'Beeforter Schlässer deemnächst wéi ee fonkelneie Bijou op sämtleche Kaarte liichten.

Ofschléissend e puer Wuert zum CML. De "Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg" gouf am Mäerz 2024 gegrënnt fir Synergien ze schafe bei de kulturelle Propriétéiten, déi dem Staat gehéieren. Zu de Grënnungsmitgliedern zielen d'Beeforter Schlässer, d'Buerger an der Fiels an déi gallo-réimesch Siidlung "Vicus Ricciacus" zu Duelem. An Zukunft solle sech nach weider Buerger a Sites patrimoniaux dem CML uschlësse fir ee gemeinsaamt Konzept ze presentéieren. Déi kulturell Offer op de verschidde Site soll sech ergänzen. Weider interessant Informatiounen zum CML fënnt een ënnert der Internetadress [www.monuments.lu](http://www.monuments.lu).

[www.beaufortcastles.com](http://www.beaufortcastles.com)

## BEEFORTER CASSERO: ENG GESCHICHT ZANTER 1928




Culture de Cassis, située sur la propriété du Château de Beaufort, 25.000 cassissiers (5 hectares).

**Am gläichen Otemzuch ewéi d'Beeforter Schlässer gehéiert och de Beeforter Cassis, dee bal op eng honnertjäreg Geschicht zeréckblécke kann. D'Produktioun vum Cassero geet op den Edmond Linckels bis an d'Joer 1928 zrëck. An dem Joer gouf d'Konservefabrik fir Ierzen, Bounen, Muerten a Saubounen no 53 Joer zou gemaach.**

Am August 1875 koum den Tuteur vun der Schlassverwaltung Henri Pierlot, Buergermeeschter vun Dinant (B) vu September 1872 bis Juli 1874, op Beefort a bei dëser Geleeënheet gouf iwwert d'Neiverpachtung vum Schlassgutt verhandelt. Neie Pächter gouf den Henri Even vu Beefort. Zesumme mat sengem Brudder Jean-Pierre Even gouf eng Konservefabrik an den Nieweraim vum Schlass installéiert mat der Raison sociale "H. & J.-P. Even à Beaufort (Luxembourg). Fabrique de

Conserves alimentaires. Spécialité de petits Pois. Distillerie agricole".

Am "Rapport général sur la situation de l'Industrie et du Commerce pendant l'année 1909" steet folgendes "L'établissement de Beaufort renseigne une production de 148.000



litres-kilogrammes, dont 125.000 litres de pois et le reste en haricots, carottes, flageolets et fèves des marais. Si la récolte de pois de 1908 a été détruite par l'orage, celle de l'année der-




nière a été bonne ; par contre les haricots, flageolets et fèves n'ont fourni qu'un faible rendement. Du côté des prix de production et de vente il n'y a aucun changement à signaler. Les ventes ont gardé leur bonne allure ordinaire ; l'Allemagne continue à former notre principal débouché. L'industrie des conserves a occupé 70 ouvrières de nationalité flamande, 30 ouvrières de la localité et 15 ouvriers. Les prix de la main-d'œuvre n'ont pas varié comparativement à l'année précédente." Weinst engem Onwieder am Mee 1908 ass d'Produktion ëm 40 Prozent am Verglach mam Joer virdrun erofgaangen: "L'établissement de Beaufort renseigne une production approximative de 80.000 litres-kilogrammes, soit une diminution de 40 % environ comparée à celle de l'année précédente. La vente a conservé sa bonne allure avec des prix inchangés. Les neuf dixièmes de la production ont été absorbés par le marché allemand. Un violent orage ayant détruit, au mois de mai, les semences de pois, il fallait resemencer ; mais comme la saison était trop avancée, on n'a pu récolter que des quantités insuffisantes."

Schwéier Zäite gouf et an de Joren nom éischte Weltkrich an am Joer 1921 gouf d'Produktion agestallt: "A la suite des difficultés qui résultent pour la fabrication du renchérissement des matières premières et de la main-d'œuvre, l'établissement de Beaufort a fermé provisoirement dans l'attente de temps plus propices." No zwee Joer Stëllstand gouf rëm produzéiert ewéi d'Lëtzebuurger Wort an hirer Ausgab vum 13. August 1924 informéiert: "Die Konservenfabrik von Befort, die seit 1921 stillstand, bucht eine Produktion von 105.000

Kilobüchsen für das Jahr 1923. Personal: 20-140. Als Absatzgebiete kommen in Betracht das Saargebiet und das besetzte Deutschland. Auf dem Inlandsmarkt war die belgische Konkurrenz recht fühlbar, während die Einfuhr nach Belgien beinahe unmöglich ist. Da die belgischen Fabriken meist minderwertige Ware zu niedrigen Preisen in den Handel bringen, kündigt sich die belgische Zollunion für die einheimische Konservenindustrie in ungünstigem Sinne an." 1928 war et dann eriwwer mat der Konservenfabrik an een Deel vun den Installatiounen kann een nach haut gesinn.

Op engem Feld vu fënnf Hektar um Plateau, dat zu der Proprietéit vum Schlass gehéiert, stoungen uganks den 1930er Joren eng 25.000 Straich fir de Beforter Cassero zur Verfügung a produzéiert goufen ongeféier 2.000 Liter pro Joer. Bis d'Joer 1964 goufe Beforter Kréischele fir d'Produktion vum Cassero benotzt, déi haaptsächlech vu Fraen a Kanner vu Beaufort an Émgegeng gepléckt goufen. Aus wirtschaftleche Grënn war et net méi rentabel sou weiderzefueren an et war och ëmmer méi schwéier Leit fir d'Recolte ze fannen. A Südfrankräich an der Provence huet een eng Léisung fonnt an de Basisproduit fir de Cassero gouf vun do aus op Beaufort importéiert, dee banne 24 Stonnen no der Recolte hei verschafft gouf.

Am Kader vum Leader-Projet "Schwaarz Kréischelen" hu sech 2012 zwee Produzenten aus dem Mëllerdall zesummefonnt fir d'schwaarz Kréischele rëm zu Beaufort oder Émgegeng opzeliewen: Jacqueline Kuijpers vu Beaufort a Jean-Paul Friederes vun Eppelduerf. Leader ass eng Ofkierzung a steet fir "Liaisons entre actions de développement d'économie rural" an ass eng europäesch gefërdert Initiative. Lokal Aarbechtsgruppe stellen eng öffentlech-privat Partnerschaft duer a fungéieren als Schnëttstell tëschen de ville lokalen Akteuren bei der Ëmsetzung. Si ass eng partizipativ Regionalentwécklung am Déngscht vun de Bierger am ländleche Raum, Gemengen, Veräiner an Entreprises, déi hir Region stäerken a méi liewenswäert wëlle gestalten. Finanzéiert gëtt de Leader duerch den europäesche Landwirtschaftsfong fir d'Entwécklung vum ländleche



Vue de Beaufort prise du champ de Cassis.

Raum an zu Lëtzebuerg zousätzlech duerch d'Mëttele vum Landwirtschaftsministère an de Membersgemenge vun de fënnef Leader-Regiounen Éislek, Mëllerdall, Miselerland, Wëlle Westen an Zentrum Westen. D'Leader-Regioun Mëllerdall zielt 33 Memberen an dovu sinn 13 Gemengen, der Natur- a Geopark Mëllerdall an 19 Veräiner aus de Beräicher Fräizäit, Tourismus, Jugend, Soziales, Natur, Kultur, Geschicht, Ëmwelt, Land- a Forstwirtschaft.

Tëschen dem 22. an dem 25. November 2012 goufen op engem 1,9 Hektar grouse Feld tësche Beefort an Eppelduerf am Kader vun dësem Projet 9.250 Straich "schwaarz Kréischele" vun der Zort Titania geplanzt. Op enger klenger Restfläch koumen nach 250 Straich "rout Kréischelen". Am Summer 2013 konnt eng éischt kleng Recolte vu ronn 400 Kilogramm erageholl ginn. Et ass net de vollen Ertrag well d'Straich an där kuerzer Zäit nach net komplett entwéckelt waren. Aus dëser éischter Recolte konnt 2014 fir déi éischte Kéier no laanger Zäit rëm Beeforter Cassero mat Lëtzebuerger Friichte produzéiert a vermaart ginn. D'Joer 2014 ass ee Meilesteen an der rezenter Geschicht vum Beeforter Cassero an een anere wichtegen Datum ass d'Joer 2009: Jacqueline Kuijpers huet mat hirem Mann Stefan d'Produktioun vum Cassis-Likör iwweholl.

Zanter bal 100 Joer gëtt de Beeforter Cassero nom nämmelechte Rezept an de Kellere vum Renaissance-Schlass hiergestallt. Jee no der Zeidegkeet vun de Kréischele gi se Ufank bis Mëtt Juli gepléckt an direkt op d'Schlass gefouert. Hei komme se zesumme mam 96-prozentegem Alkohol a Fässer aus Eechenholz a räife während minimum zwee Méint.

An der nächster Etapp gëtt de Produit aus dem Faass gepresst an de Jus gëtt an een anert Faass aus Inox geféllt. Bei dëser Prozedur gëtt Zocker bäigesat an dat flësseg Gemësch rout während op mannst zwee Méint. An dëser Zäit setze sech déi verschidde Stoffe a kleng Deelercher op de Buedem of, änlech ewéi beim Kaffissaz. Wann de Cassero seng typesch Konzentratioun a Kloerheet huet, da gëtt hien a Fläschen, déi et a véier verschidde Gréisste gëtt, ofgeféllt. Ofhängeg vun der Recolte läit d'Joeresproduktioun tëschen 3.000 a 5.000 Liter an den Hauptdeel staamt hei aus der Géigend. De feelenden Deel gëtt bäikaaft, deen awer nëmmen déi streng qualitativ Ufuerderungen erfëllt.

Déi komplett Produktioun ass manuell an déi ganz Famill engagéiert sech mat Freed an Enthusiasmus. Op den nächste Säite sinn déi eenzel Schrëtt vum Cassero bildlech illustréiert.











# SPORT

## RÉCKBLÉCK OP DEN ÉISCHTE MÄTSCH VUN DER SAISON



*Samy Picard (Mëtt) war den éischte Puckdropper vun der Saison zu Beaufort.*

**Viru 500 Zuschauer haten d'“Beaufort Knights“ den 2. November hiren éischten Heemmätsch fir dës Saison. Den éischte Mätsch zu Charleroi konnten d'Beeforter mat 4:6 gewanne mee zu Herentals (2:1) a Léck (4:3) goufen d'Mätscher verluer.**

Den éischte “Puck Dropper” vun der Saison, de Samy Picard (Präsident vun der Basketballfederatioun) an d'Fans ware gespaant op den éischten Optrëtt vun de Beeforter Ritter virun hirem eegene Publikum.

D'Gäscht vun Antwerpen hu vun der éischer Sekonn näischt ubrenne gelooss an hunn direkt

bewisen, datt se net fir näischt an de leschten dräi Joer zweemol Champion an der éischer Divisioun vun der Belscher Liga waren. Et goufe mol keng zwou Minutte gespilt a scho si si a Féierung gaangen an no weideren 19 Sekonne stoung et 0:2 op der Tafel. Et huet eng gutt Véierelstonn gedauert bis et fir déi éischte Kéier am Gol vun Antwerpen gerabbel huet. Dat zweet Drëttel hunn d'“Antwerp Phantoms” mat 3:5 an d'drëtt Drëttel mat 1:2 fir sech entscheet, wat ee Schlussresultat vu 5:13 ausmécht.

Dat war iwwregens déi héchsten Néierlag an der Hironn. Gewonnen hunn d'Beeforter zwee


Heemmätscher géint “Haskey Hasselt” a “Chiefs Leuven White”. Zum Schluss kommen d'“Knights” op déi aachte Plaz vun eelef Ekippen an an der Réckronn spille si am éenneschte Playoff.

An der “Luxembourg Hockey League” beleeën d'“Beaufort Knights” déi zweet Plaz, allerdéngs goufen hei zwee Mätscher gespilt.

De Spillplang vun de sämtlechen Ekippen vun de “Beaufort Knights” steet iwwregens ënner anerem och an der Beeforter App, déi et och erméiglecht, de jeeweilige Mätsch a säi perséinleche Kalenner um Smartphone ze integréieren.







## 50 JOER KC BEFORT



**Am Kader vun de Festivitéite vum 50. Anniversaire vum Beeforter Keeclub hu si de 14. September een Tournoi organiséiert. Leider gött et hei zu Beefort keng den Norme gerecht Keelebunn an dowéinst gouf zu Miedernach gespillt.**

An der Finall konnt sech de Keeclub "Django" vu Béiwen un der Atert virun lechternach du-

erschsetzen. Op de weidere Plaze koumen d'Veräiner vu Gouseldeng, Miedernach, Mënsbech a Kiemen. Nodeems déi lescht Klatz geheit gouf huet et net laang gedauert bis d'Coupen un déi verschidden Ekippe vum Burgermeeschter Jean-Luc Nosbusch an dem President Jean Schilling iwwerrecht goufen a si vun den anere Keeclubben déi beschte Gléckwënsch entgéint-

geholl hunn. Bei dësem Tournoi hunn déi Beeforter an hiren nei Trikote gespillt.

De Beeforter Keeclub gouf den 20. August 1973 gegrënnt an niewendru stinn déi éischt Statute vum Veräin. Interessant ass ze gesinn, datt den éischte President nach ëmmer un der Spëtzt vum Veräin ass: Jean Schilling.

## S T A T U T E N.

Am 20. August 1973 wurde ein Kegelerverein unter dem Namen Genau an d'Schneid mit Sitz im Cafe' Centrale in Beaufort. gegründet.

1. Der Verein setzt sich im Gründungsjahr aus folgenden 11 Mann zusammen, wovon 7 dem Vorstand angehören.

Vorstand.

President. Schiling Jean.

Secretaire. Wies Joseph.

Kassierer. Loetsch Hans.

1. Beisitzender. Hoff Jim.

2. Beisitzender. Schaack Theo.

3. Beisitzender. Cruchten Joseph.

4. Beisitzender. Strauch Joseph.

Mitglieder.

Holl Victor.

Lentz Charles.

Genson Fernand.

~~Sand Helmut.~~

Hoffmann Rudi

2. Capitain und Ersatzcapitain sind Wies Joseph und Shilling Jean, welche auch verantwortlich für die Mannschaftsaufstellung sind und deren Entscheidung unbedingt zu respektieren ist.
3. Jedes Meisterschaftsspiel oder Coupespiel wird mit 7 Mann angetreten wovon jedoch einer als Reserve aufgestellt wird.
4. Der monatliche Beitrag wurde auf 100 luxemburgische Franken festgelegt.
5. Lizenzen.

Es wurde beschlossen dass die Lizenzgebühren im Gründungsjahr aus finanziellen Gründen von jedem aktivem Spieler selbst getragen werden welche dann in den darauf folgenden Jahren jeweils vom Verein bezahlt werden.

6. Sollte aus irgend einem Grund dieser Verein in Brüche gehen würde der restliche Kassenbestand dem Armenbüro der Gemeinde Beaufort zur Verfügung gestellt werden.

Um Annahme dieser Statuten seitens der Gemeindeverwaltung von Beaufort bittet Sie Hochachtungsvoll der Vorstand.

*Schaack*  
*Geopromer*  
*J. J. Hoff.*  
*Cruchten & Shilling*  
*Wies.*

# COMMERCE

## EEN NOHALTEGEN, FLEXIBEL EN A VOLLSTÄNDIG EQUIPÉIERTE COWORKING-RAUM



**Nodeems den “Appart Hôtel Erz Noire” virun engem gudde Joer opgaangen ass, hunn d’Bedreiwer Lara Prost an Noah Pop mat “Kew” um Rez-de-chaussée een neit Konzept agefouert, dat ee Mëttwoch, den 3. Juli, feierlech virgestallt gouf.**

De fréieren “Hotel-Restaurant Erz Noire” huet sech no laangen a groussen Ëmbaauerbechten zu engem klengen Bijou um Grondhaff an an der Gemeng Beaufort verwandelt. Op de Stäck vum “Appart Hôtel Erz Noire” stinn de Gäst sech “Deluxe”- an zwee “Prestige”-Appartementer zur Auswiel. “Deluxe”-Appartementer mat iwwer 80 Quadratmeter op den éischten zwee Stäck si fir véier Persounen gëeegent. De groussen Wunnberäich mat oppener Kichen an lessberäich huet zousätzlech nach ee separate Waschraum

mat enger Wäschmaschinn. Um ieweschte Stack befanne sech déi 100 Quadratmeter grouss “Prestige”-Appartementer mat enger Terrasse vu 37 Quadratmeter. D’Wunneng bitt Plaz fir véier Gäst mat enner anerem zwou Schlofkummeren, zwou Buedzëmmeren an ee Waschraum mat Wäschmaschinn. Den héije Plaffong an déi grouss Fënsteren erlaben vill Dagesluucht eranzeloossen.

De Rez-de-chaussée gouf komplett nei amenagéiert an huet eng nei Bestëmmung. Ënnert dem Numm “Kew” gouf hei een nohaltegen, flexibelen a vollstänneg equipéierten Coworking-Raum ageriicht, deen a verschidde Beräicher fir ënnerschiddlech Zwecker (Reunounen zum Beispill) ennerdeelt ass. Eng séier Wi-Fi-Verbindung, roueg Büros, Kasen, Versammlungsraum a schallisoliert Telefonska-

binnen, déi et erlaben diskret a vertraulich Telefongesprécher ze féieren, sinn nëmmen e puer Virdeeler fir an engem ideale Kader sech ze konzentréieren a produktiv ze schaffen. Zu der Flexibilitéit gehéiert och d'Méiglechkeet am Stoen oder Sëtzen ze schaffen. Des Weidere ginn et mat engem gemittleche Lounge-Beräich an dem Wantergaart mat Terrasse Plaze fir sech zeréckzézéien an oder no der Aarbecht sech ze erhuelen. Eng Kiche mat Automaten a Mikrowelle steet zur Verfügung fir entweder säin eegent oder fäerdegst lessen, datt een iwwregens dobausse virun der Dir kafe kann, opzewiermen.

“Kew” ass eng flott an interessant Alternativ zum Büro oder Homeoffice doheem. Et ass oppe fir jiddereen, sief et Freelancer, Fräischaffender, asw. Weider Méiglechkeete sinn zum Beispill de gewinnte Büro mat dese Raimlechkeeten ze tauschen, Teambuilding ze féerden oder eng Aarbechtsplaz déi et erlaabt, net an d'Stad mussen ze fueren. Parkplaze sinn hei gratis an duerch de verkierzten Aarbechtsweg ginn CO<sub>2</sub>-Emissiounen reduzéiert.

“Kew” an den “Appart Hotel” am Natur- a Geopark Mëllerdall kann een och als eng


flott Kombinatioun Vakanz/Erhuelung mat Deelzäitaarbecht gesinn. Et ass een neit an innovativt Konzept vun de jonke Bedreier Lara Prost an Noah Pop, déi béid nach am Studium sinn. Dat heescht awer net, datt se keng Erfahrung op deem Gebitt hunn. D'Lara Prost ass iwwregens d'Meedche vum Denis an Elisabeth Prost-Brimer aus dem Hotel Brimer vis-à-vis um Grondhaff, deen zanter dem Joer 1908 op där Adress besteet.

**Appart Hotel “Ernz Noire” / “Kew”**

2, route de Beaufort

L-6360 Grundhof

[www.ernznoire.lu](http://www.ernznoire.lu) / [www.kew.lu](http://www.kew.lu)



## ÄDDI NO 42 JOER: PENSIOUN FIR DEN DARIO BALLANTI



**No 42 Joer koum fir den Dario Ballanti d'Zäit fir sengem berufleche Wee de Schlusspunkt ze setzen. Nodeems den Dario ee gutt Véierelsjoerhonnert an der Restauratioun täteg war huet hien am Joer 2007 de Wee op Beefort fonnt an dat mat der Ouverture vum "Ristoranti Ballanti" am internationale Reitzentrum. Wärend zéng Joer goufen hei bei sëllege Geleeënheeten ewéi zum Beispill Concerten, Themenwender a weidere Fester vill flott Stonne verbruecht.**

Nach laang virdrun éier de leschte Client am "Ristorante Ballanti" zerwéiert gouf huet den Dario de Bistro op der Äispist iwwerholl. Vum 27. Oktober 2015 bis de 14. September 2024 sinn am "De Puck by Ballanti" op manst grad

esou vill flotte Stonne verbruecht ginn an dat net nëmme bei der drëtter Hallschent oder dem véierten Drëttel.

Néng Joer nom "Time to Say Goodbye" am "Ristoranti Ballanti" koum et zu enger zweeter Oplo e Samschdeg, de 14. September, op der Äispist. Dës Kéier mat engem "The Last Drink".

Trei Clienten, Kolleegen a Frënn goufen op de leschte Patt invitéiert fir zesumme schéin Erënnerungen auszetauschen. Beim sougenannten offiziellen Deel huet den Dario Ballanti op senger humorvoller Aart a Weis ee kleng Réckbléck mat verschidden Anekdoten op déi lescht 42 a besonnesch déi lescht

17 Joer hei zu Beefort gemeet. Dobäi goufe verschidde Leit ervirgehuewen a Merci gesot, déi him an all deene Joren zur Säit stoungen an hien ënnerstëtzt hunn. Am Numm vun der Gemeng huet de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch him Merci gesot fir dat, wat hien zu Beefort geleescht huet an ee kleng Kaddo iwwerrecht.



## Neue kulinarische Adresse in Befort



Dario Ballanti heißt der neue Pächter des „Ristorante Ballanti“ dem Café-Restaurant im Centre Equestre International in Befort. Das modern eingerichtete Lokal bietet Platz für 80 Leute und ist somit geeignet für Familienfeiern, es verfügt über eine Terrasse und eine Smoking Lounge. Auch stehen genügend Parkplätze zur Verfügung.

Auf der Speisekarte stehen hauptsächlich italienische Gerichte und Pizzas, darüber hinaus werden hausgemachte Teigwaren, Spezialitäten und Gerichte der regionalen italienischen Küche angeboten.

Ristorante Ballanti, 14 route d'Eppeldorf, L-6312 Beaufort.  
Reservierungen: Tel 26 87 66 66; Fax 26 87 66 61.

*Aus dem "De Beeforter Nummer 40"*

# Need a ride? We drive all night!

\* freitags und samstags von 17.30 bis 5.00 Uhr



## WAS IST DER NIGHT RIDER

Der Night Rider ist ein individueller Service, der Sie zu Ihren Haltestellen und ohne festen Fahrplan bringt. Sie sind sicher, ganz ohne Parkplatzsuche, an den Ort Ihrer Wahl und zu Ihrer Wunschzeit. Der Nachtbus verkehrt immer und funktioniert ausschließlich nachts von 17.30 Uhr abends und 5.00 Uhr morgens.

### DIE VORTEILE

#### Die Online Buchung

Sie können Ihre Night-Rider-Fahrt online buchen und einfach bis zu 60 Minuten vor der Abfahrt reservieren. Voraussetzung ist der Besitz einer Kreditkarte oder Digidash. Sobald die Buchung ausgebuht ist, schlägt das Buchungssystem die Verfügbarkeit automatisch eine alternative Abfahrtszeit vor.

#### Die Abhol-SMS

Verkehrs- oder Wetterlage können die Abfahrtszeit beeinflussen. Die Abfahrtszeit kann sich durch andere Fahrwünsche um +/- 10 Minuten ändern. Um immer genau wissen, wann Sie sich abholen lassen sollen, erhalten Sie automatisch eine SMS bei der geplanten Ankunft Ihres Night Rider.

#### Das Tarifmodell

Der Preis einer Night-Rider-Buchung hängt von der Strecke, wie viele Personen (max. 8) Sie mitnehmen und von der Strecke. stets die kürzeste Strecke berechnet. Der Preis pro Person wegs andere Passagiere abholt oder nicht. Ganz nach dem Motto. Je mehr Personen mitnehmen, desto günstiger ist der Preis pro Person. Die Buchung muss 24 Stunden vor der gebuchten Abfahrtszeit erfolgen.



Gemeng  
**BEEFORT**  
Déliljen | Grondhaff



Want to stay tuned? Like us on  
**Facebook**

**nightrider**   
pick me up

Mehr Infos? [www.nightrider.lu](http://www.nightrider.lu)

## WER?

dueller Nachtbus ohne feste Fahrplan. Zuverlässig und schnelle Abhol- und Absetzservice bringt der Night Rider Sie von Ihrem Wohnort wieder zurück nach Hause. Er ist im gesamten Großherzogtum Luxemburg am Wochenende zwischen Freitagabend und Samstagmorgens.

Die Abholzeit ist auf der Website ganz praktisch und einfach zu buchen. Bei der gewünschten Abholzeit bucht man sich eine gültige Night Card. Falls die gewünschte Abholzeit nicht möglich ist, wird das Buchungssystem Ihnen je nach Verfügbarkeit alternative Fahrzeiten vorschlagen.

Die Anfahrtszeit des Night Rider kann sich durch die Kombination mit anderen Fahrten um bis zu 10 Minuten verschieben. Damit Sie sich rechtzeitig zum festgelegten Treffpunkt befinden, wird Ihnen automatisch circa 10 Minuten vor der Abholzeit eine Abhol-SMS geschickt.

Die Abholzeit ist distanzabhängig - egal für welche Strecke Sie sich buchen. Es wird keine Zuschläge erhoben, selbst wenn der Bus unter der Woche absetzt.

Die Night Rider-Tarife für Einzelpersonen eine Buchung beinhaltet, für Kinder und Jugendliche. Der Night Rider kann bis zu 2 Stunden vor der Abholzeit kostenlos storniert werden.

## FÜR WEN IST DIE NIGHT CARD

### UND WO ERHALTEN SIE SIE?

**Alle Einwohner der Gemeinde Beaufort, ab einem Alter von 16 Jahren**, können die Night Card auf dem Bürgeramt der Gemeinde erwerben.

### WAS KOSTET DIE FAHRT?

**Der Jahresbeitrag für Personen ab 27 Jahren kostet 60 €.**

**Personen zwischen 16 und 26 Jahren zahlen einen reduzierten Jahresbeitrag von 30 €.\***

Die Anzahl der Fahrten (Hin- oder Rückfahrt) ist unbegrenzt, einzige Voraussetzung hierfür ist, dass entweder der Einstiegs- oder Zielort innerhalb der Gemeinde Beaufort liegt.

**Jede nicht beanspruchte oder nicht fristgerecht stornierte Fahrt** (mindestens 2 Stunden vor der bestätigten Abholzeit) **wird Ihnen von der Gemeinde weiter verrechnet.**

Denken Sie beim Einsteigen daran, dem Fahrer Ihre Night Card zu zeigen.

### KEIN INTERNET? KEIN PROBLEM!

Der Night Rider kann auch per Telefon unter der Buchungshotline 9007 10 10 (3 Cent/Min., montags bis donnerstags 08.00-18.00 Uhr, freitags und samstags 08.00-5.00 Uhr am darauffolgenden Tag) bestellt werden.

#### Gemeinde Beaufort

9, Rue de l'Église  
L-6315 Beaufort

Telefon: +352 83 60 45 - 20

E-mail: [population@beaufort.lu](mailto:population@beaufort.lu)

#### Öffnungszeiten

Montags 8:30 - 12:00 / 14:00 - 16:30

Dienstag geschlossen / 14:00 - 16:30

Mittwochs 8:30 - 12:00 / 13:00 - 19:00

Donnerstags 8:30 - 12:00 / geschlossen

Freitags 8:30 - 12:00 / 14:00 - 16:30

Weitere Informationen auf [beaufort.lu](http://beaufort.lu) und auf [nightrider.lu](http://nightrider.lu)

---

# CHRONIK

## JULI, AUGUST, SEPTEMBER, OKTOBER, NOVEMBER, DEZEMBER 2024

---

4. Juli


Der Verein „Konterbont asbl“ freut sich über die neu geschlossene Partnerschaft mit dem „Office social régional“ in Befort. Ziel dieser Zusammenarbeit ist es, bedürftige junge Eltern zu unterstützen und Neugeborenen in den Gemeinden Befort, Bech, Berdorf, Consdorf und Reisdorf eine kleine Starthilfe in Form eines Willkommensgeschenkes zukommen zu lassen. „Konterbont asbl“ hat hierfür „Babykits“ mit Kleidung und Pflegeprodukten zur Verfügung gestellt. Das Sozialamt wird sich um die Verteilung an bedürftige Familien kümmern. Außerdem bietet „Konterbont asbl“ auf Anfrage des regionalen Sozialamtes in Einzelfällen finanzielle Unterstützung bei außergewöhnlichen Aufwendungen, wie zum Beispiel kulturelle oder sportliche Aktivitäten für Jugendliche.



6. Juli

Alternative Maart mat artisanalen a konschthandwierkleche Kreatiounen am Generatioungaart. Hei huet een alles zum Thema ökologesche Liewensstil, aalt vergiessent Handwerk, naturno Materialien, “Do It Yourself”, RécupArt, Null-Offall a villes méi fonnt. Zu den artisanalen, natierlechen, ëmweltfrëndlechen an nohaltege Produiten zielen ënner anerem Naturkosmetik, Keramik, saisonal a lokal Blumen, Naturschmuck, Mineralien a Kristaller, Käerzen, Woll, Seefen, Tinkturen, biologesche Wäin an artisanale Béier, Wëllkraider an Heelplanzen, Geméis, Holzwerk, Kleeder, Heekelaarbechten, Skulpturen, Konscht an Dekoartikelen. Et gouf och nach een Informationsstand iwwer Finanzéierungsméiglechkeeten fir ekologesch Projeten.





12. Juli

Ënnert dem Thema "Ahoi Schoul"-Fest huet d'Eltere-vereenegung d'Schoulfest zesumme mam Léierpersonal fir d'Schoukanner organiséiert. Si hu sech de Programm vum Dag opgedeelt a moies sinn d'Kanner an den Dag mat engem flotte Rallye, déi vum Léierpersonal opgestallt gouf. Fir d'Mëttegiessen huet dunn d'Elterevereenegung gesuergt.

Mat der Schell am Nomëtteg huet d'Fest fir kleng a grouss Piraten ugefaangen. Et war fir jiddereen eppes dobäi: Sprangschlässer, Waasserspiller, Trampolin, asw.





12. Juli

Amplaz vum erkrankte President Carlo Welter huet de Benny Welter d'Generalversammlung vum Beeforter Äishockeyclub "Beaufort Knights" opgemeet. Bannen e puer Joer ass de Veräin immens gewuess an alleguer misste sech un dës nei Situatioun an alle Beräicher ugewinnen. An deem Sënn huet hien jidderengem e Merci gesot, dee sech fir de Veräin agesat huet.

Effektiv ass d'Gesamtzuel vun de Memberen an de leschten zwee Joer vun 131 op 187 gestigen a besonnesch bemierkbar ass d'Zuel vun de Kanner zur gläichen Zäit: vun 61 op 97. De jéngste Spiller huet dräinanhallef Joer an den eelste Spiller 71 Joer. Zéng Kanner hu manner ewéi sechs Joer, een Alter, an dem "Huskies" Kanner eréischt unhuelen.

Déi fräi Stonne vum Ickarting koumen den Trainingsstonden ze gutt an esou koum een op bal 25 Stonne pro Woch. Am Ganzen hunn déi verschidden Ekippen déi lescht Saison 117 Mätscher gespilt. Déi Saison virdru goufen insgesamt 68 Mätscher gespilt. Duerch een Accord mat den "Huskies" konnten d'Spiller vun den "Knights" fir d'éischte Kéier eng méi laang Saison hunn an dat mat zweemol d'Woch Training pro Alterskategorie vun Ufank Abrëll bis Enn Juli. Dësen Accord gëtt fir d'Méint September an Oktober erneiert. Een Deal mat "Sportway" erméiglecht den Accès fir all Mätsch ze kucken a Videoanalysen ze maachen, dorënner och ee spezifeschen Accès fir all U14-Spiller. Ugebuede gouf eng "Goalie Academy" mat spezifeschen Training fir Goalies dem jeeweilegen Alter ugepasst.

De sportlechen Deel war fir d'éischt Ekipp op méi Hisiichten enttäuschend, souwuel an der belscher a lëtzebuurger Liga. D'Hironn an der belscher Liga gouf op der siwenter Plaz an an der Réckronn an der Divisioun 1b op der véierter Plaz ofgeschloss, wou een an der Halleffinall eraus war. An der lëtzebuurger Liga gouf et nëmme Bronze.

Zefridden ass ee mat der zweeter an drëtter Ekipp an och den Nowuessekipp a Meedercher. Déi zweet Ekipp huet am Penaltyschësse knapp Gold an der zweeter Divisioun verpasst an déi drëtt Ekipp huet an hirer éischter Saison iwerraschend et bis an d'Halleffinall gepackt. D'U14 huet sech an der belscher Liga mat zwielef Ekippen op déi aacht Plaz plazéiert. Ofschléissend bleift nach ze erwänen, datt sechs Spiller an der Nationalekipp vun de Senioren an zwee Spiller an der Jugendnationalekipp spillen.

Ausserhalb de sportlechen Aktivitéiten huet sech den Äishockeyveräin un der Randonnée Charly Gaul als Streckeposten, um "Kids Day" zu Miersch, beim Europadag zu Beaufort a beim Wikingerschach-Tournéier mat dräi Ekippen bedeelegt.

D'Geschäftsjoer huet zwar mat engem Defizit ofgeschloss an trotzdeem wëll ee bewusst d'Cotisation déif hale, datt de Sport fir all Kand zougänglech bleift. D'Recette vun der éischter Ekipp déngen dozou, d'Jugendarbecht gréisstendeels ze finanzéieren. Trainerkäscht wäerten déi nächst Saison massiv an d'Luucht goen. Gerechent gëtt mat ronn 100.000 Euro Ausgaben, opgedeelt op zwee Vollzäit- an ee bis





zwee Deelzäit-Traineren. Dat si ronn 70.000 Euro Méikäschten, déi een duerch verschidde Moosname wëll opfänken.

D'Ekippenopstellung fir 2024/2025 setzt sech zesummen aus der éischer Ekipp mat 25 bis 30 Spiller, zweet Ekipp 20 bis 25, drëtt Ekipp 25 bis 30, Oldies 15 bis 20, U18 an U16 (nei) 10 bis 15, U14 30 bis 35, U12 25 bis 30, LTS (learn to skate) an U8 an U10 35 bis 45, Meedercher (nei) 20 bis 25 a Goalies 10 bis 15. Dat mécht een Total vun 185 bis 220 Spiller. Verschidde Kanner spillen an zwou Kategorien a Meedercher sinn aus alle Kategorien an dat erklärt, datt d'Gruppenzuele méi héich si wéi den Total. Gerechent gëtt mat 140 Mätscher, wouvunner der 61 doheim an 79 auswäerts sinn.

De Fokus läit op der Jugend an dowéinst wëll ee fir déi nächst Saison op mannst dräi professionell Traineren astellen, dovun een Haapttrainer fir Junioren, deen d'Leedung vun engem professionelle Programm wäitsüchtig fir d'Kanner mécht. All Kannerekipp soll een dediéierten a qualifizierten Trainer hu fir Training a Mätscher. All Training soll vun dräi bis véier Trainer encadréiert ginn.

Laangfristeg wëllen een ënner anerem vill Kanner vu Beefort an aus der Region an den Hockey kréien, eng "Knights Hockey Academy" grënnen an d'Haaptquell fir den Nationalkader bilden. Dëst Zil gëllt méttelfristeg (dräi bis véier Joer) och beim Dammenhockey, wou

beim gemeinsamen Training mat der Stad déi Beeforter Meedercher am stäerkste vertrauede waren. D'"Knight Girls" sollen dem belsche Verband ugeschloss ginn an eng éischt Meederchersekkipp am Championnat fir d'Weiderbildung umellen. Wichtig ass et och, datt d'Kanner déi richteg Valeuren am Hockey léieren an dowéinst wëll een de "Charta Programm" ausbauen.

D'Ziler vun der éischer Ekipp fir déi nächst Saison si kloer an zwar an der belscher Liga ëm déi éischt Plaz a fir d'belch Coupe ze spille während een an der lëtzebuerger Liga mam "Tornado" mathale wëll. Bei der zweeter an drëtter Ekipp ass et ganz kloer den Titel an der zweeter Divisioun vun der lëtzebuerger Liga.

Wéi schonns uganks erwäant ass de Veräin an de leschte Jore séier gewuess an duerch eng méi grouss Struktur soll de Veräin méi staark ginn. Dat geschitt duerch aacht verschidde Gremien, déi sech mam Comité zesummesetze fir iwwer Entscheidungen, Programmer a Problemer ze schwätzen. Ueschléissend debattéiert de Comité fir déi gréisser Entscheidungen ze treffen.

Oeschléissend goufe verschidde laangfristeg Ziler a Visiounen virgestallt, d'Resultater vun enger Ëmfro analyséiert a Faziter doraus gezunn. No de Wale setzt sech de Comité vun de "Beaufort Knights" zesummen aus dem President Carlo Welter, Sekretär Yves Bartheles, Trésorier Eric Wambach an de Membere Benny Welter, Thierry Hild, Patrick Marmann, Krishan Schimberg, Lionel Ronk a Claude Mossong.

13. Juli

No der Première d'lescht Joer huet de Wandersummer vun der "Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire" rëm Statioun zu Beefort gemeet. Dës Kéier stoungen zwou Wanderungen zur Auswiel: Strecke vu fënnf an zéng Kilometer.

Den Depart beim Kiosk war tësche 16 an 19 Auer op der "Place des Nations" a bei hirem Retour op der nämmlecher Plaz huet op d'Wanderer eng gutt Stëmmung vum Romain Thielen gewaart.



25. Juli

Touristen a Beeforter feieren zesummen an zwar beim "Tipi Fest" am "Tipi Duerf" vum "Camping Park". Am Géigesaz zum leschten Joer wou et riicht era gereent huet, konnt een dës Kéier bei guddem Wieder e puer flott gemittlech Stonnen an enger besonnescher Atmosphär wéi am wëlle Weste verbréngen.

D'Mataarbechter vum Beeforter Syndicat d'initiative et du tourisme hu fir d'Essen an Drénke gesuergt während d'Country-Band "Roadrunners" déi passend Musek gespillt huet. Och d'Kanner konnte sech beim "Tipi Fest" ameséieren a si ware ganz begeeschtert vum "Face Painting".





2./3. August

Um éischte Weekend am August stinn d'Motorrieder zu Beefort am Mëttelpunkt. De Club "Victory Riders Luxembourg" hunn déi sechsten Editioun vum "Hard-Ball" organiséiert. Wéi an de Jore virdru sinn eng sëlleg "Bikeren" aus der Groussregioun an doriwwer eraus op Beefort komm fir net nëmmen déi gutt Ambiance ze genéissen. Den éischten Owend stoung Bluesmusek am Mëttelpunkt an opgetruede sinn "The Bangin' Men" an "Thunder Road" aus Lëtzebuerg.

Ee vun den Héichpunkte war samschdes de "VRL Charity Run" zu Gonschte vun der "Fondation Autisme Luxembourg". Ongeféier 110 Motorrieder vu sämtleche Marken hunn hiren Depart kuerz viru Mëtteg zu Beefort geholl. Gutt zwou Stonnen huet den Tour

vun 82 Kilometer gedauert, deen iwwer Bettenduerf, Branebuerg, Mëtsched, Schlënnermanesch, Buer-schent, Angelduerf, Gilsdref, Iermsdref a laanscht d'Beeforter Schlass zeréck op Beefort komm ass. Im-pasant war déi laang Kolonn vun den Zweerieder, déi ee besonnesch op enger laanger richter Streck konnt gesinn. Fuerer aus dem leschten Drëttel vum Grupp haten deemno eng besonnesch Vue an d'Leit laanscht Stroossen an op de touristesche Site ware méi begee-schert.


Um Site vum Kiosk war déi zwee Deeg fir Anima-tioun gesuergt an eng Rëtsch Motorradshändler hunn hir Modeller ausgestellt. Ofgeschloss gouf de Week-end bei gudder Stëmmung mat weidere Concerten an enger Feiershow, bei där et net nëmme wéinst dem Fei-er waarm ginn ass.





8. September

Mëttlerweil ass et ee feste Bestanddeel am Manifestatiounskalenner vun der Beeforter Schwämm: Muppeschwammen um leschten Dag vun der Saison. Agefouert gouf d'Muppeschwammen am Joer 2020 an et war eng Première hei zu Lëtzebuerg. An der Tëschenzäit hu vill Schwämmen dës Manifestatioun iwweholl an et weess een net, wie méi Spaass an der Schwämm huet: d'Hënn oder hir Besëtzer. An dräi Schichte vu jee zwouanenghallef Stonne gouf sech ameséiert, vill geschwommen an nach méi gesprongen. Am Ganze goufen 348 Hënn a 558 Leit gezielt.





14. September

Beefort gehéiert zanter der éischter Editioun vun der Oldtimerrallye "Luxembourg Classic" zum feste Bestanddeel vum Parcours, deen iwwer zwee Deeg geet. Déi éischt Rallye "Luxembourg Classic" gouf 2021 am Kader vum 75. Anniversaire vum Verlag "Motor Presse Stuttgart" an hirer Zäitschrëft "auto motor sport" organiséiert.

Beim Passage zu Beefort dee Samschdegmoie gouf et fir déi Leit, déi zanter der éischter Editioun all Joer matfuere, eng kleng Première. No der Durchfahrt-

skontrolle ënnen um Parking, wou ee Stempel an d' Bordkaart agedroe gouf, si se laanscht d'Buerg eropgefuert a konnten déi zanter e puer Woche fäerdeg restauréiert Buergmauer bewonneren. D'Buerg an déi nei Steng an der Mauer hunn an der Sonn wuertwärtlech geliicht a fir déi sëlleg Fotografe war et guer net sou einfach d'Autoen am Schied mam hellen Hannergronn ze fotografieren.

Am Ganze waren 98 Autoen um Depart an zougelooss waren historesch wäertvoll Modeller bis d'Baujoer 2003. Replikater an Autoe mat net zäitgenëssesche Modifikatioune goufen net berücksichtegt.





20. September

Louis Vervaeke mat der Nummer 83 aus der Belsch, Johannes Kulset aus Norwegen a Silvain Dillier aus der Schwäiz sinn déi dräi éischt Cyclisten, déi bei der drëtter Etapp vum "Tour du Luxembourg" duerch Beaufort gefuer sinn. D'Kinneksetapp hat hiren Depart zu Rouspert an no 201,3 Kilometere war d'Arrivée zu Dikrech. Um 13.48 Auer an no 61,2 Kilometer sinn de Louis Vervaeke an de Johannes Kulset iwwert d'Linn gefuer, déi de "Grand Prix de la Montagne" zu Beaufort markéiert. Si hate ronn véier Minutten a 50 Sekonne Virsprong op de Peloton, dee vum Silvain Dillier ugefuert gouf.

Besonnenesch fir d'Schoulkanner war et eng Freed net nëmmen d'Veloscourse ze gesinn, mee och déi ganz Karawanne virun an no de Cyclisten. D'Police op de Motorrieder, Offizieller, Invitéeën an den Autoen, Press, Verantwortlech vun den Ekippe mat hire Mechaniker, Ambulancierien, Sécherheetsleit, asw hu méi wéi eng Kéier de Kanner zeréckgewonk.

D'Etapp huet de Belsch Mauri Vansenant gewonn, deen an der nammlecher Ekipp ewéi de Louis Vervaeke fiert (Soudal Quick-Step) an d'Nummer 82 huet. De Louis Vervaeke koum mat iwver aacht Minutte Retard op déi 52. Plaz vun dëser Etapp.





29. September

Kiermes zu Beefort. Deen Datum riicht sech nom Méchelsdag (Saint Michel), deen op den 29. September fält. An der Reegel ass d’Kiermes den éischte Sondeg nom Méchelsdag a well de Méchelsdag dëst Joer op engem Sondeg läit, gouf also op de genauen Dag Kiermes gefeiert.

Laang Zäit gouf et keng richtig Kiermes zu Beefort an et war 2018, wéi déi deemoleg Integratiounskommissioun freidesowes eng symbolesch Ouverture mat engem Hämmelsmarsch organiséiert huet. Sondes war e klenge Kiermesmaart mat Musek, Iessen, Gedrénks a Ponyreiden, dee vum Syndicat d’initiative zesumme mat den Duerfveräiner organiséiert gouf. Des Weidere konnten een um Kannerfloumaart vun der Elterevereenegung haaptsächlech Spillsaache kafen. Mat der Zäit ass de Programm vum Sondeg ewechgefall esou, datt nëmmen eng symbolesch Ouverture mat Danzmusek iwwreg bliwwen ass.

Dëst Joer huet d’Gemeng an Zesummenaarbecht mat de Veräiner Amicale Beeforter Pompjeeën, Beeforter Duerffrënn, Beaufort Knights, Club Hippique, Judo-Club an Theaterfrënn Beefort eng richtig Kiermes mat Buden a Karussell organiséiert. De Programm huet

moies mat enger Kiermesmass ugefaangen, déi vun de Chorale Sainte Cécile vu Beefort a “Sang mat” Waldbëlleg/Haler encadréiert gouf. An der Kiermesmass huet de Paschtouer Carlo Morbach den Ursprung erkläert an drop higewisen, datt de Patréiner vun der Beeforter Kierch de Saint Michel ass.

No der Mass goug et am Cortège op d’Place des Nations. Zweek Hämmel hunn de Hämmelsmarsch ugefuert a fir déi richtig Musek huet d’Harmonie vu Bäerdref gesuergt. Bei der Arrivée beim Kiosk huet de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch d’Bändchen duerchgeschnidden an a senger kuerzer Ried ass hien uschlëssend op d’Symbolik vum Hämmelsmarsch agaangen. Mat Kiermeskuch, Kiermesham, Kiermespatt a Kiermesdrëpp gouf d’Kiermes offiziell opgemeet.

Net nëmmen d’Kanner hu sech op de verschidde Spiller ameséiert. Sou zum Beispill huet de Schäfferot beim Rodeo-Reide versicht sou laang wéi méiglech standhaft ze bleiwen a Membere vum Gemengerot hu gemeinsam Inte gefëscht. De Clown Alfonso huet d’Visiteuren zum Laache bruecht a fir déi musikalesch Ënnerhaltung huet den “DJ Backy” gesuergt. Dat gutt Wieder a Sonn hunn hiren Deel zum Erfolleg vun dëser neier Form vun der Beeforter Kiermes bäigedroen.













13. Oktober

Am Kader vun der “Journée de commémoration nationale” gouf am ganze Land un d’Affer aus dem Zweete Weltkrich geduecht. Den Datum vun nationale Gedenktag geet op den 10. Oktober 1941 zeréck, wa sech d’Awunner vu Lëtzebuerg bei der Volkszälung eendeiteg zu hirem Land bekannt hunn an net zum Nazi-Okkupant. Freed war grouss ewéi Lëtzebuerg viru genau 80 Joer, den 9. an den 10. September 1944, vun den éischten amerikaneschen Truppe befreit gouf. Allerdéngs huet dës Freed nëmmen dräi Méint gedauert. De 16. Dezember 1944 koum mat der Ardennenoffensiv de Krich rëm zeréck op Lëtzebuerg a war méi mäerderesch a bluddeg ewéi déi véier Joer virdrun.

An enger Gedenkmass ass d’Pastoralassistentin Josiane Mirkes op déi schwéier Zäit vun 1940 bis 1945 agaangen, aus där et ëmmer manner Zäitzeie gëtt. Duerch ginn och Erënnerunge vergiess a verluer. Haut, desdaags fällt et engem ëmmer méi schwéier déi deemoleg Situatioun ze verstoen. Déi meescht Leit liewe praktesch nëmmen a Fridden a Kricher kennt ee vun “héiere soen” a si wäit ewech. Allerdéngs vermëttelen d’Kricher an der Ukrain a Gaza een anert Bild a ginn eng Anung an Iddi, wéi et deemools konnt gewiescht

sinn. Während der Pandemie hate vill Leit séier Flemm an den aktuelle Klimawandel, deen net vun der Hand ze weisen ass, mécht de Leit Suergen a stellt si virun enger Rëtsch Erausforderungen. Et soll een aus de Krichszäite léieren: Warnung a Manung.

Nodeems d’Chorale Sainte Cécile vu Beaufort a “Sang mat” Waldbëlleg/Haler déi véiert Stroph vun “Ons Heemecht” gesongen hunn, goung d’Gedenkfeier niest der Kierch virum “Monuments aux Morts” virun an dat mat enger kuerzer Ried vum Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch:

“Haut ass e wichtegen Dag fir Beaufort, fir eis Gemeinschaft an eis Geschicht. Mir sinn hei versammelt, fir eis un déi ze erënneren, déi virun eis waren – déi, déi fir hir Fräiheet gekämpft hunn, déi hir Liewen op d’Spill gesat hunn, fir datt mir haut an engem fräie Land liewen dierfen. Haut ass e Commemoratiounsday, eng Zäit vu Reflexioun an Erënnerung, awer och eng Zäit, fir eis Wäerter ze feieren an d’Bedeutung vun eiser fräier Gemeinschaft ze verstärken.

Déi traureg Realitéit vun all Konflikt ass de Präis, deen duerch d’Liewe vu Leit bezuelt gëtt. Mir erënneren eis un d’Zaldoten an d’Zivilisten, déi während de Kricher





gelidden hunn, an déi hiren Asaz an hir Opferung mat hirem Liewe bezuelt hunn.

Mir droen eis Häerzer a Gedanke bei hire Famillen a Frënn, déi hire Verloscht nach ëmmer spieren. Et ass eis Pflicht, hir Geschichte weiderzeféieren, fir datt déi kommend Generatiounen net vergiessen, wat op d'Spill gesat gouf.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, mir sinn Deel vun enger grousser Geschicht, enger Geschicht vu Widerstand, Fräiheet an Hoffnung.

Haut, wéi mir un déi erënneren, déi net méi bei eis sinn, solle mir eis engagéieren, déi Wäerter vun Zesummenhalt a Fräiheet weider ze droen.

Jidderee vun eis huet eng Roll ze spillen – duerch kleng Akte vu Frëndlechkeet, duerch den Zesummenhalt an d'Bereetschaft, fir eist Liewen op dësem gemeinsame Fundament ze bauen.

Loosst eis zesummen d'Fundament vun enger besserer, méi friddlecher Welt leeën.

Merci”

Uschlëssend huet d'Pastoralassistentin Josiane Mirk-es ee klengt Gebiet virgedroen an nom Seenen huet de Schäfferot mam Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch an de Schäfte Bruno Grilo a Lynn Mossong eng Gerbe virum “Monument aux Morts”. Ofgeschloss gouf d'Feier mam Sange vun eiser “Heemecht”.

18./19. Oktober

Freides a Samschdes gouf op der neier a restaurierter Mauer vun der Buerg den Open-Air-Spektakel "The Wall" projezéiert. "The Wall" war Musek live, Video-Mapping an eng Lightshow mat de SIXO, Lëtzebuerger Rapper; André Mergenthaler, Cello; All Reitz Reserved aka Chris Reitz, elektresch Violine; Sun Glitters aka Victor Ferreira, Music Producer; Melting Pol, aka Paul Schumacher, Video Mapping; THE WALL – Video produced by Echoes, a Tribute to Pink Floyd. Méi iwwert d'Restauration vun der Mauer a Projete stinn am Reportage op de Säiten 86 bis 95.

Freides huet sech de Kulturminister Eric Thill d'Éier gi fir op Beafort ze kommen an éier den Open-Air-Spektakel ugefaangen huet, hunn d'Presidentin vun de Beeforter Schlassfrënn, Christiane Steinmetzer, an de Kulturminister Eric Thill e puer Wuert un de Public gericht. Fotoe vum Weekend op de Säiten 142 bis 145.



23. Oktober

Op enger méi ongewinnte Plaz huet de Schäfferot op zwou Versammlungen agelueden: an de "Flying Dutchman". Et ass eng Plaz, wou verschidde Leit nach virun e puer Deeg flott Stonne verbruecht hunn an anerer schonns eng Zäitchen net méi. An der éischter Versammlung goufen d'Beeforter Veräiner iwwer verschidden aktuell Themen an zukünfteg Pläng zum Veräinslieden informéiert an der zweeter Versammlung, déi sech niert de Veräiner och un déi berodend Kommissioun a Bierger gericht huet, gouf de Projet "Bis am Bus" virgestallt.

A senger Begréissung huet de Schäfte Bruno Grilo fir d'éischt de Veräiner Merci gesot fir hir Bedeelegung un den Aktivitéiten a Manifestatiounen an der Gemeng ewéi zum Beispill den Europadag den 9. Mee oder kierzlech bei der Beeforter Kiermes. Den éischte Punkt war net grad eng Neiegkeet mee et krut een zousätzlech Informatiounen aus éischter Hand. Beim Open-Air-Spektakel "The Wall" de Weekend virdu ware se déi éischter Kéier am Asaz: déi nei Bechere vun der Gemeng mam neie Gemenge-Logo. Op de Bechere gëtt Pfand opgehuewen allerdéngs nëmmen op déi feelend Bechere no enger Manifestatioun.

Des Weidere war d'Nouvelle, datt un engem neie Subsidreglement geschafft gëtt an deem eng Rei Krittere berücksichtegt ginn ewéi zum Beispill Ofhale vu "Green Events", Bedeelegung a Präsenzen u verschid-

de Manifestatiounen an och d'Zesummenaarbecht fir de Gemengebuet. "De Beeforter" kritt eng nei Struktur mat verschidde Schwéierpunkter an Informatiounen, déi obligatoresch sinn a bis elo ze kuerz komm sinn. D'Veräinslieden am Buet soll op kee Fall benodeelegt ginn an an deem Sënn goufen d'Veräiner opgeruff fir an Zukunft sech aktiv ze bedeelegen.

Zum Schluss vum éischten Deel goufen d'Veräiner un déi verschidde Schrëtt an Ofleef bei der Organisatioun vun enger Manifestatioun erënnert, déi net eriwwer ass wann d'Musek opgehale huet mat spillen an de leschte Patt gedronk gouf. De Gemengesekretär Christophe Bastos an den Andy Wagner vum Service technique hunn deen Owend zousätzlech Informatiounen a Beispiller virgedroen.

Uschléissend hunn d'Vania Laranjeira Amaral a Claudia Schleret den interkulturelle Festival "Bis am Bus" virgestallt. Dëse Projet an Zesummenaarbecht vun der Gemeng mat der Kommissioun vum Zesummeliweden an "Ons Heemecht" gesäit eng Rei Aktivitéiten tëschen Enn November bis an de Mäerz 2025 vir, dee mat engem Festival ofgeschloss gëtt. Den éischte "Bis am Bus"-Festival gouf Enn Juni dëst Joer zu Nengsen ofgehale. "Ons Heemecht" gëtt ënnerstëtzt vun der Europäescher Unioun, dem Kulturministère an dem Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliweden an Accueil. Zu de Partneren zielen d'Rout Kräiz, d'Fondatioun Caritas Lëtzebuerg, Stad Lëtzebuerg an den Office national de l'accueil.











## PROTECTION CONTRE LES CAMBRIOLAGES DURANT LES MOIS D'HIVER

Les mois d'automne et d'hiver sont plus propices à des cambriolages en raison de la tombée avancée de la nuit et de la visibilité plus réduite. Dans ce contexte, la Police tient à rappeler qu'une bonne sécurisation mécanique de la maison, un système d'alarme, mais aussi la vigilance individuelle diminuent considérablement le risque d'être victime d'un cambriolage.

### CONSEILS ET COMPORTEMENT PRÉVENTIF

Adoptez les bons réflexes :

- Fermez systématiquement à clé vos portes extérieures, vos fenêtres et porte du garage, même en cas de courte absence.
- Activez toujours votre système d'alarme, même lors d'une courte absence.
- Éclairez votre domicile en fin de journée à l'aide d'une minuterie automatique.
- Informez vos voisins si vous êtes absents pendant une période plus longue.
- Signalez à la Police toute personne ou voiture suspecte.



### SAVIEZ-VOUS QUE...?

En moyenne, la durée d'un cambriolage ne dépasse pas 5 à 10 minutes (effraction et fouille de l'habitation). Les cambriolages peuvent aussi bien avoir lieu durant la journée que pendant la nuit.

En principe, un cambrioleur ne cherche pas la confrontation avec l'habitant et fuit lorsqu'il remarque que celui-ci l'a aperçu. Néanmoins, si l'habitant constate qu'un cambriolage est en cours, il est déconseillé d'affronter le cambrioleur de manière directe. Alerte plutôt la Police et signalez au cambrioleur qu'il n'est pas passé inaperçu, par exemple en faisant du bruit, en criant ou en allumant l'éclairage.


### QUE FAIRE...?




Si vous avez été victime d'un cambriolage, contactez immédiatement la Police au numéro d'appel d'urgence 113 et attendez l'arrivée des agents. Ne touchez à rien, ne jetez, ne rangez et ne nettoyez rien sur le lieu du crime afin de ne pas détruire des traces qui peuvent être importantes lors de l'enquête.

Pour plus d'informations et de conseils, renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :

#### SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

 (+352) 244 24 40 33

 prevention@police.etat.lu

## SCHUTZ VOR EINBRÜCHEN IN DEN WINTERMONATEN



Die Herbst- und Wintermonate sind aufgrund der fortgeschrittenen Dunkelheit und der schlechteren Sichtverhältnisse besonders gefährdet für Einbrüche. In diesem Zusammenhang möchte die Polizei daran erinnern, dass eine gute mechanische Sicherung des Hauses, eine Alarmanlage, aber auch individuelle Aufmerksamkeit das Risiko, Opfer eines Einbruchs zu werden, erheblich verringern.

### TIPPS UND VORBEUGENDES VERHALTEN

Befolgen Sie die richtigen Verhaltensregeln:

- Schließen Sie Ihre Außentüren, Fenster und das Garagentor immer ab, auch wenn Sie nur kurz weg sind.
- Schalten Sie Ihre Alarmanlage immer ein, auch wenn Sie nur kurz abwesend sind.
- Beleuchten Sie Ihr Haus am Ende des Tages mit einer automatischen Zeitschaltuhr.
- Informieren Sie Ihre Nachbarn, wenn Sie für längere Zeit abwesend sind.
- Melden Sie verdächtige Personen oder Autos der Polizei.



### WUSSTEN SIE, DASS ... ?

Im Durchschnitt dauert ein Einbruch nicht länger als 5 bis 10 Minuten (Einbruch und Durchsuchung der Wohnung). Einbrüche können sowohl tagsüber als auch in der Nacht stattfinden.

Normalerweise sucht ein Einbrecher keine Konfrontation mit dem Bewohner und flieht, wenn er bemerkt, dass der Bewohner ihn gesehen hat. Dennoch: Wenn der Bewohner merkt, dass gerade ein Einbruch stattfindet, ist es nicht ratsam, den Einbrecher direkt zu konfrontieren. Alarmieren Sie stattdessen die Polizei und machen Sie den Einbrecher darauf aufmerksam, dass er nicht unbemerkt geblieben ist, indem Sie z. B. Lärm machen, schreien oder die Beleuchtung einschalten.





### WAS TUN...?

Wenn Sie Opfer eines Einbruchs geworden sind, wenden Sie sich sofort unter der Notrufnummer 113 an die Polizei und warten Sie auf die Ankunft der Beamten. Fassen Sie am Tatort nichts an, ordnen, reinigen oder werfen Sie nichts weg, um keine Spuren zu zerstören, die bei den Ermittlungen wichtig sein könnten.

Für weitere **Informationen** und **Ratschläge**, informieren Sie sich kostenlos bei der **Präventionsabteilung der Polizei** :

#### SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

 (+352) 244 24 40 33

 prevention@police.etat.lu

27. Oktober

No den Opféierungen den 18., 19. a 26. Oktober wor de 27. Oktober den Ofschloss vun der Laachsaison vun den Theaterfrënn Beefort. Besonnesch de leschten Owend war bei den Zuschauer beléift. Um Programm stoung nämlech de "Sunday Food Special": An der Paus nom éischten Drëttel gouf ee gudde Maufel zerwéiert.

Während véier Owender hu si "Keen Apel fir d'Eva" gespillt, ee Stéck an dräi Akte vum Andreas Wening a

vum Roby Zenner op lëtzebuergesch verfaasst. D'Acteure Patrick Goetzinger, Marie-Ange Neves, Klodin Gremling, Dario Ballanti a Jen Kießling hu méi wéi eng Kéier d'Laachmuskele vun den Zuschauer strapazéiert. No den Optrëtter konnt ee sech nach mat den Theaterspiller beim Patt poteren a verschidde Szenen nach eng Kéier Revue passéieren.

Ofgesot ass allerdéngs den nächsten Termin vun den Theaterfrënn Beefort an zwar "D'Comedy Show", dee fir den 8. Mäerz 2025 am Kummelsbau virgesi war





13. November

Nodeems dëst Joer beim Schouffest Piraten am Mëtelpunkt stoungen ass et bei der nächster Editioun den 11. Juli 2025 den Zirkus. Dat gouf een ënner anerem op der Generalversammlung vun der Elterevereenegung am Kummelsbau gewuer.

No der Begréissung vun der Presidentin Alicia Reiff-Thill gouf den Aktivitéitsbericht vum Martine Gros-Macé presentéiert. D'Schoulrentrée huet mat engem Croissant a Schocki fir d'Schoulkanner ugefaangen, beim éischten Halloween-Nomëtteg hunn d'Kanner Kürbisse bemoolt a geschnëtzt, de Kleesche gouf fir d'Kanner aus der Gemeng Beafort organiséiert, op Lichmëssdag goufen d'Kanner beim liichte goe begleet, flott Stonne gouf beim Kannerfuesbal verbruecht, bei der "Coupe scolaire" gouf gehollef, datt d'Kanner sécher am Verkéier fuere konnten a selbstverständlech d'Schouffest als Héichpunkt vum Joer.

Des Weidere waren d'Membere vun der Elterevereenegung beim Wantermaart, beim Kleeschen an der Schoul, beim Buergebrennen a beim Ouschterpatt vertrueden. Organiséiert gouf nach ee Public-Viewing vun der EM-Finall.

Ueschléissend huet de Keessjee Alain Rommes de Bilan vun der Keess presentéiert. Nei T-Shirten, Material an nei Aktivitéiten hunn dozou gefouert, datt zum Ofschluss de Rapport negativ ausgefall ass. Op Virschlag vun de Keeserevisoren Edin Marusic a Christian Kröger huet d'Versammlung Entlaaschtung erdeelt. D'Keeserevisore bleiwen nach ee weidert Joer am Amt. Bei der Virstellung vum Programm 2024/2025 huet d'Elterevereenegung eng nei Aktivitéit agefouert:

"Back To School"-Party, déi dëst Joer um Kiermesweekend stattfonnt huet. Nieft de klassesche Manifestatiounen ass een ewéi schonns virdrun erwäant den Datum an d'Thema vum Schouffest gewuer ginn: den 11. Juli "Zirkus zu Beafort".

500 Euro aus dem Erléis vum Liichtegoe gouf un d'Associatioun "Île aux Clowns" gespent. No engem kuerze Video huet d'Sylvie Philipp aus der Administratioun vun der Vereenegung weider Informatiounen ginn. Sou sinn néng Clowns all Dag um Terrain an dat a mëttlerweil 35 Strukturen. Si offrëieren all Persoun, ob Kand oder Erwuessenen, déi duerch Krankheet oder Isolatioun an enger schwéierer Situatioun ass, e puer schéi Momenter. Dobäi gëtt eng mat de Mataarbechter vun de besichten Aariichtunge geschafft. D'Aktivitéite sinn alleguer gratis an d'Asbl finanziert sech ausschliesslech iwwer fräiwëlleg Donen.

Bei der fräier Aussprooch huet d'Presidentin Alicia Reiff-Thill der Schoul, der Maison Relais an der Gemeng ee grouse Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht. Besonnesch zwee Leit goufe bei der Geleeënheet ervirgehuewen: den Andy Wagner an de Stéphane Gaspar vum Service technique vun der Gemeng. Mat hirem onermiddlechen Asaz hu si ënner anerem zesumme mat den "Happy Helpers" dozou bäigedroen, datt d'Manifestatiounen ee Succès woren a si zwee kruten eng Corbeille iwwerreicht.

Am Numm vum Léierpersonal huet de Steve Mischel déi gutt Zesummenaarbecht mat der Elterevereenegung gelueft. Ofschléissend huet de Schäfte Bruno Griolo am Numm vun der Gemeng der Elterevereenegung Merci gesot fir hir Aktivitéiten iwwert déi hie frou ass an hofft, datt et an Zukunft esou weidergeet.





15./16. November

Am Nomëtteg war de Rendez-vous fir d'Planzaktioun beim Waasserbaseng fir den Nationalen Dag vum Bam ze feieren. Den Nationalen Dag vum Bam gouf 1992 vun der Stëftung "Hëllef fir d'Natur" fir déi éischte Kéier organiséiert an zanter 32 Joer ass dësen Dag zum feste Bestanddeel vun der Gesellschaft ginn. Zanter 1997, fënnf Joer no der éischter Editioun, genéisst den Nationalen Dag vum Bam den héiche Patronage vum Grand-Duc Jean an de Ministère vun der Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, du Développement durable et des Infrastructures, de l'Education nationale et de la Formation professionnelle, de la Famille et de l'Intégration, de la Coopération et de l'Action humanitaire.

All Joer steet ee spezielle Bam am Méttelpunkt vun der nationaler Aktioun. Dëst Joer ass et d'Molbier (Sorbus aria). Haut goufen allerdéngs keng Molbier geplanzt mee Hecken an Uebstbeem, déi sech op dëser Plaz besser wuel fillen ewéi d'Molbieren. De Fierschter Marc Hoffmann huet dozou weider Informatiounen ginn a geplanzt goufen Äppelbeem vun de Zorte Boskoop a Renette, Bierebeem (Gellerts a Williams), rout a schwaarz Kréischelen, Kiischebeem, Spierebeem a Quetschebeem.

Des Weidere gouf op dësem Dag nach symbolesch de Wiessel vun der Gemeng Beaufort vu Majorz- op Proporzgemeng markéiert. Virun dräi Joer, de 4. November 2021, gouf fir déi éischte Kéier déi magesch Grenz vun den 3.000 Awunner iwwerschritt. Op der Plaquette stinn d'Nimm vun éischte Gemengerot nom Proporzsystem an d'Reiefolleg vun de Gemengeréit gouf nom Tableau de Préséance festgeluecht.

An de leschte Joren ass d'Traditioun vum Nationalen Dag vum Bam zu Beaufort ee bësse verluer gaangen an den Nationalen Dag vum Bam soll rëm ee feste Rendez-vous am Agenda vun der Gemeng Beaufort ginn.

Un dëser Planzaktioun hu sech niest dem Gemengen- a Schäfferrot vun der Gemeng Beaufort, dem Gemengepersonal, dem Service technique, dem Fierschter mat senger Ekipp och d'Schoukanner aus dem Cycle 4.1 mat hirem Léierpersonal bedeelegt.

D'Membersgemenge vum Natur- a Geopark Mëlldall (NGPM) fleegen zanter Joren hiren Dag vum Bam. All Joer gëtt an enger anerer Gemeng a gemeinsam Planzaktioun duerchgefouert an all Gemeng aus dem NGPM planzt säi Bam vum Joer. D'Gemeng Beaufort war duerch de Jean-Luc Nosbusch an Thomas Fellerich zu Kruuchten vertrueden.









15. November

Diplomiiwwerreechung vun der regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion a Präsenz vum "Commissaire du Gouvernement à l'Enseignement Musical", dem Gilles Lacour. Dëst Joer kruten 270 Schüler am ganzen 317 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerrecht an dat och ëmmer jeeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschidde konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet den Ensembl "Big Brass Projekt" ënnert der Leedung vum Jhang Kohlen gemat. Dësen Ensembl ass zesumme gesat aus fréieren an aktuelle Schüler vun der Museksschoul. Weider gong et du mat der Begréissung vun der Députée-Maire Carole Hartmann, déi alle Schüler fir hier aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganz Joer. Si huet de regionale Charakter vun der Museksschoul ënnerstrach: Couren déi op de verschidde Sitten an der Region stattfannen, Concerten an Auditiounen an de Gemengen, Ensemblen déi mat Schüler aus de verschidde Gemengen zesumme gesat sinn. Si huet alle Gemengen e grouse Merci ausgesprach fir déi gutt Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung.

Den Owend ass weidergaange mat Prestatiounen vun Laureaten aus der Gesangsklass, enger jonker Mandolinistin, Kammermusekformatiounen speziell fir dësen

Owend zesumme gesat aus Laureaten vum Bléiser-, Streicher-, an dem Pianosepartement, a Beiträg vu Jazz- a Rock/Pop Comboen. Och dëst Joer ass eng extrem divers Bandbreit mat engem héijen Niveau vun de Schüler aus der Museksschoul presentéiert ginn.

Op d'Fäegkeet vun der Musek, Gefiller an Emotiounen ervirzeruffen ass d'Directrice Nadine Eder an hirer Allocatioun agaangen. Och déi vill Natiounen déi hei zesummeliewe prägen d'Bild vun der Museksschoul an et ass eng zentral Aufgab, dëser Diversitéit vun Natiounen, Schüler an Enseignanten an engem gudden Klima gerecht ze ginn. D'Directrice huet der Gemeng Iechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Education ee grouse Merci ausgeschwat fir hier Ënnerstëtzung.

D'Élèves méritants goufen dëst Joer mat engem spezielle Kaddo, dem Lego-Set zu der Sprangpressesioun vun der Harmonie Municipale Iechternach, belount. Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet de Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hier Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hier Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grouse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hier finanziell Participatioun ausgeschwat, fir datt d'Kanner, déi Jugendlech an och déi erwuesse Schüler weiderhi vun engem exemplaresch musikalescher Ausbildung an de Gemenge kënnen profitéieren.



23. November

D'Beeforter Scouten hunn op hiren traditionelle klenge Chrëschtmaart am Scoutsgaart an an hirem Scoutshome invitéiert.

Bei dëser Geleeënheet konnt ee schonns déi éischt Kaddoen a Chrëschtdekoratioune fir dëst Joer kafen. Bekanntlech ass den nächste Sonndeg den éischten Advent an net wéineg Leit hu bei dësem Chrëschtmaart een Adventskranz kaaft. Des Weidere konnte sech d'Visiteure bei engem Patt an enger klenger Stärkung fir de Mo gemittlech iwwert den Alldag austauschen.



24. November

Déi traditionell "Journée 55+", organiséiert vun der Gemeng Beefort an Zesummenaarbecht mat der beroderender Kommissioun vum Drëtten Alter an de Beeforter Senioren, stoung am Kummelsbau ganz am Zeeche vun der Gemeinschaft, der Freed un der Bewegung an dem generatiounsüwergräifenden Austausch esou de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch an der Aleeung vu senger Ried viru ronn 120 Gäscht.

D'Gemeng wier staark dorunner interesséiert Aktivitéiten unzebidden, déi all Alter uschwätzen. Sou zum Beispill sinn den Outdoor-Fitnessberäich fir Senioren a méi sportlech Leit ee flotte Beweis dofir. Dëse Summer koum mam Outdoor-Dëschtennis eng nei Attraktioun bäi an et ginn nach weider Pläng fir d'Zukunft: eng Pentanque-Piste an een Terrain fir Beach-Volleyball, a mat der Spillplaz niewendru gëtt dës Site ëmmer méi een Treffpunkt, wou sech Generatioune begéinen, gesinn an austausche kënnen.


Des Weidere gouf d'Joer den interaktive Geo-Pad "Haupeschbaach an Halerbaach" ageweit, deen et erlaabt op eng modern a lieweg Manéier d'Regioun a Geschicht ze entdecken während d'Ausstellung vum Natur- a Geopark Mëllerdall d'Kultur an d'Geschicht

besonnesch ervirhieft. Ugeschwat goufen och nach de Projet vum neie "Centre d'accueil" vum Natur- a Geopark an déi al Brennerei, déi an Zukunft eng charmant Plaz ass fir nom Ausfluch bei Kaffi, Kuch a Vue op d'Schlass mat der Famill a Frënn ze verbréngen.

Am fréieren Duerfkär ass och déi zukünfteg nei Gemeng geplangt, déi da fir jiddereen besser zougänglech ass, besonnesch fir Leit mat beschränkter Mobilitéit. Et wier op engem gudden Wee d'Gemeng weiderzebréngen an den neie Logo vun der Gemeng verkierpert eng modern Identitéit. No der "Journée 55+" krut nach jiddereen ee Prabbeli mam neie Logo geschenkt. Erwänt huet de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch, datt mam nei gegrënnte CML (Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg) an der Zesummenaarbecht mat de Schlassfrënn nieft der Restauratioun vun der Schlassmauer nach weider Aarbechte lafen an nom Ofschloss dat kulturellt an touristesch Bild vu Beefort wäerte stäerken.

Fir d'Ënnerhaltung hu gëschter d'Lisa Mariotto an "Country LinedanceLënster" gesuert während de Beeforter Schännerot mat de Membere vun der beroderender Kommissioun vum Drëtten Alter, de Beeforter Senioren a "Club Aktiv Plus a Loupescht" de Service assuréiert hunn.









26. November

Am Laf vum Moie gouf de Chrëschtbam nieft der Kierch opgeriicht. A manner wéi enger Stonn stoung de Bam a bei de leschten Handlung vum Optrichten huet et ugefaange riicht eran ze reenen. Glécklecherweis ass keen zevill naass ginn. Et huet ee ganz gutt gemierkt, datt d'Ekipp ronderëm de Fierschter Marc Hoffmann vill Erfahrung an dësem Beräich hu well aneschters ass et net ze erklären ewéi si sou séier a gutt geschafft hunn. De Chrëschtbam steet lo prett fir den éischten Advent, deen dëse Sonndag ass, a fir de Wantermaart den Dag virdrun.





30. November

D'Beeforter Duerffrënn hunn zesumme mat der Ënerstëtzung vun der Gemeng an de Veräiner op hire mëttlerweil traditionelle Wantermaart invitéiert. De Wantermaart huet sengem Numm all Éier gemeet an et war richtig kal deen Dag. Trotzdeem war et de ganzen Dag eng waarm an häerzlech Atmosphär am alen Duerfkär, wou aktuell verschidden Aarbechten duerchgefouert ginn. Dofir hunn déi iwver 25 flott Konscht- an Hobbyständ an zéng Veräiner gesuergt.

Um "Wantermenü" stoung Baguette mat Raclettskéis, Grompere mat Sauerram an eng Geméispan beim Club des Jeunes Reisduerf; Kniddlele bei den Theaterfrënn Beefort; Gromperekichelcher a Chili bei de Victory

Riders Luxembourg; Wirschtercher mat Sauerkraut a Kichelcher bei der Amicale Pompjeeë Beefort; Paangech bei der Elterevereinigung Beefort; Kaffisstuff bei de Beeforter Senioren; Schampesbar, waarme Cassis a Schocki bei der Chorale Sainte Cécile vu Beefort; Eisekuche beim Club Hippique; Grill, Caldo verde a waarm Käschte bei den As Cinquentinhas an ofschléissend Glühwäin, Glühgin, Äppeljus mat Schuss a soss Gedrénks bei de Beeforter Duerffrënn.

Um Wantermaart war och de Startschoss vum interkulturelle Festival "Bis am Bus", deen den 8. Mäerz 2025 sän Héichpunkt zu Beefort wäert hunn. Nieft enger Rei Animatiounen ewéi Gesiichtsmolen hunn de "Rob a Marisa" fir musikalesch Ënnerhaltung am Bannenhaff vun der Gemeng gesuergt.





4. Dezember

Op deem Dag hu sech d'Kanner laang gefreet an och virbereet. De Kleeschen koum an d'Schoul. komm. De ganze Moie stoungen d'Kanner aus dem Cycle 1 am Mëttelpunkt vun der Visitte vum grouse Mann mam roude Kleed. Aneschtens ewéi an der Vergaangenheet huet dat groust Fest mat de Virféierunge vun de Schoulkanner aus de Cyclen 2 bis 4 dës Kéier am Sportsall vum Judo stattfonnt. Sou hunn d'Kanner nieft den traditionelle Kleescherlider méi modern Versioune gesongen a verschidde Sketcher virgedroen. Zum Ofschloss vum Dag huet de Kleeschen zesumme mam Houseker Tüitercher verdeelt.







21. Dezember

D'Membere a Frënn vum "Cercle des Anciens de la Garde Grand-Ducale" hunn un de 16. Dezember 1944 erënnert. Viru genau 80 Joer huet deen Dag d'Rundstedtoffensiv ugefaangen.

D'Feierlechkeeten zum 80. Joresdag vun der Ardennenoffensiv hunn de vieregte Weekend ënner anerem an der Stad, op verschidde Plazen am Éislek an och an de belschen Ardenne stattfonnt. Bei dese Gedenkfeieren hu sech eng Rei héich Verrieder aus de Vereenegte Staate vun Amerika, Europa a Lëtzebuerg bedeelegt. Dozou zielen ënner anerem d'Lëtzebuerg-er Regierungsmemberen, de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa, den Ierfgroussherzog a Lieutenant-Représentant vum Grand-Duc Guillaume mat senger Fra Stéphanie, d'Presidentin vum Europäesche Parlament Roberta Metsola an eng Delegation vum US-Kongress mat der fréierer Presidentin vum US-Repräsentantenhaus Nancy Pelosi.

D'Gedenkfeier zu Beaufort war däitlech méi kleng. Virun der Mass hunn de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch, säi Virgänger de Camille Hoffmann an de Fernand Nilles vum "Cercle des Anciens de la Garde Grand-Ducale" eng Gerbe virum "Monument aux Morts" néiergeluecht. Edmond Faber, deen d'Gedenkfeierlechkeeten zu Beaufort zanter Joren op der Trompett begleet, huet misste wéinst Krankheet seng Participatioun kuerzfristeg ofsoen esou, datt een Deel vum Programm net konnt wéi geplangt ausgefouert ginn. D'Mass an der Kierch gouf zelebréiert vum

Aumônier Nicolas Wenner mat der Ënnerstëtzung vun der Chorale Sainte Cécile Beaufort souwéi "Sang mat Waldbëlleg-Haler". No der Mass goufe Blumme bei de GI-Kräizer virum Kummelsbau a virun der Stèle vum T/Sgt Bob Hebert um Schéidbiérg néiergeluecht.

A senger Ried am Kummelsbau ass de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch op déi entscheidend Schluecht agaangen, déi mat bal 11.000 gefalenen Alliéierten an iwwe 12.000 gefalenen däitschen Soldaten immens vill Affer gefuerdert huet. Hei zu Lëtzebuerg sinn och op mannst 500 Zivilisten ëm d'Liewe komm. Ee Präis, dee mer haut net vergiessen däerfen. Beaufort ass eng Plaz, déi räich u Geschicht a Resilienz ass, an d'majestéitesch Buerger vermëttelt ee Symbol vu Kraaft an Ausdauer. Déi rezent Zeremonien hei zu Lëtzebuerg esouwéi an a der Belsch, besonnesch zu Baaschtnech an um Militärkierfecht zu Hamm, hunn erëm gewisen, wéi déifgräifend d'Wäertschätzung fir des Helde bleift. Et dierft een ni vergiessen, datt hir Affer net nëmmen d'Vergaangenheet gepräagt hunn, mee och eis Zukunft bestëmmen. D'Ardennenoffensiv léiert de Wäert vu Virsiicht, Eenheet a vum onermiddleche Striewen no Fridden. Si erënnert drun, datt och an de schwaarzste Momenter de mënschleche Geescht ka gewinnen.

Ofgeschloss huet de Jean-Luc Nosbusch mat de Wieder: "Mir éieren d'Erënnung un déi Gefalenen, andeems mir eis un déi Wäerter halen, fir déi si gekämpft hunn. Hier Ierfschaft soll eis inspiréieren, eng Welt ze bauen, wou Fräiheet a Gerechtegkeet ëmmer uewe stinn."







## Rassemblement des Beaufort 2025

An dësem Joer fënnt rëm ee "Rassemblement des Beaufort" statt. Wéinst der Pandemie gouf dat traditionellt Treffen iwwert de Päischweekend an de Joren 2020, 2021 an 2022 ofgesot. Déi verschidde Verantwortlech vun de "Beaufort" hu sech agesat an alles ënnerholl, datt de flotten Austausch net ausstierwe soll an 2023 kouw et zum éischten Treffen no der Pandemie. Wéinst den deemolegen Ëmstänn an Onsécherheeten huet ee schonns missten ee gutt Joer am Virus, also 2022 net nëmmen Interessi weise mee sech och umelden. Des Weidere war d'Zuel vun de Participante begrenzt an et gouf festgehal de "Rassemblement des Beaufort" virleefeg all zwee Joer ze organiséiere bis sech d'Situatioun géif normaliséieren. Dat erkläert och, firwat et 2024 kee "Rassemblement" gouf.

Den éischte "Rassemblement des Beaufort" gouf 1995 zu Beaufort en Vallée organiséiert. 30 Joer méi spéit fënnt am nammlechte Beaufort déi 30. Editioun statt. De Rendez-Vous ass rëm iwwer Päischten an zwar vum 7. bis den 9. Juni. Beaufort en Vallée läit ongeféier 700 Kilometer vum lëtzebuerger Beaufort ewech. D'Streck féiert iwwer Reims, Paräis, Le Mans an tëschen Angers a Saumur am Baugeois am Häerz vum regionale Naturpark Loire-Anjou-Touraine läit Beaufort en Vallée.

Gemeng Beaufort, déi de "Rassemblement des Beaufort" 1998, 2007 an 2018 organiséiert huet, huet fir den 30. Jubiläum zougesot. Si iwwerhëlt d'Transportkäschte bei enger organiséierter Rees an och d'Frais de participation. Geplangt ass mat engem Minibus ze fueren. Umeldunge gi bis de 16. Mäerz beim Jos. Nerancic ([communication@beaufort.lu](mailto:communication@beaufort.lu)) ugeholl. Uschléissend komme mer alleguer zesumme fir d'Rees ze plangen an ofzeschwätzen. Ënnendrenner ass de virleefeg Programm vun dësem Joer:

### 07 / 06 / 2025

- Accueil des délégations le samedi après-midi place des halls
- Partage du verre de l'amitié
- Répartition des voyageurs dans les différentes familles d'accueils où vous passerez votre soirée avec vos hôtes

### 08 / 06 / 2025

- Le dimanche matin, visite dans la grande ville d'Angers
- Après la visite vous serez accueillis pour le déjeuner du midi
- L'après-midi une visite libre encadrée dans un lieu que vous découvrirez le moment venu
- En fin d'après-midi retour dans les familles d'accueils
- Le soir repas gala et dansant avec les familles d'accueils

### 09 / 06 / 2025

- Lundi matin, marché des produits régionaux dans les halls de Beaufort
- Réunion avec les responsables des différents Beaufort
- On se retrouve le midi pour un apéro et après un plateau repas sera servi avant le départ de chacun pour un retour vers chaque Beaufort

1. - 24. Dezember

Wat wier d'Adventszeit ouni déi méttlerweil traditionell Aktioun vun den Adventsfenstere. Nei war dëst Joer, datt zwou Formulen zur Auswiel stoungen: aktiv a passiv Fenstere. Bei enger passiver Fenster gëtt déi dekoréiert Fenster virgestallt während bei enger aktiver Fenster d'Leit net nëmmen déi schéi Fensterdekoration bewonnere kënnen, mee deen Dag ginn op där Adress ee kleng Maufel a Patt ugebueden.

Ee grouse Merci u jiddereen, dee sech dëst Joer un der Aktioun vun den Adventsfenstere bedeelegt huet: Sief dat als Einzelpersoun, Famill, Veräin oder Schoullklassen, déi dëst Joer besonnesch aktiv waren. D'Adventsfenstere sinn och eng gutt Geleeënheet fir net nëmmen d'Gemeng besser kennenzéieren, mee och d'Leit, déi een an der haiteger Zeit leider ze dacks sou niewelaanscht Moie seet. Bei engem gudden hausgemaachte Pättchen an enger klenger Stärkung oder Schneekegkeet konnt ee sech mol gemittlech an aller Rou iwuer verschidden Themen austauschen. Op verschidde Plaze war et ganz interessant gewuer ze ginn, wat hannert der bestëmmter Dekoration stécht a wéi ee Message d'Leit no bausse vermëttelt hunn. Een anere wichtege Sujet bei der Adventsfenster waren d'Rezept an d'Zutate vum hausgemaachte waarme Pättchen oder dem Chrëschtidsgebäck.

Dëst Joer hu matgemeet:

1. Dezember: Lynn Mossong
2. Dezember: Amicale Beeforter Pompjeeën
3. Dezember: Carine Bentz
4. Dezember: Isabel, Manuel a Finn Meester
6. Dezember: Maison Relais
7. Dezember: Antoinette Freilinger
8. Dezember: Famill Pala
9. Dezember: Margot Flammang
10. Dezember: Famill Weis-Kraus
11. Dezember: Famill Klein-Capesius
12. Dezember: Famill Bichler-Joachim
13. Dezember: Club Aktiv Plus "An der Loupescht" a Kommissioun vum Drëtten Alter
14. Dezember: Famill Pereira-Hansen
15. Dezember: Famill Georg
16. Dezember: Précocé (Joffere Mara, Conny a Laury)
17. Dezember: Cycle 3.2
18. Dezember: Cycle 4
19. Dezember: Brigitte an Alain Schreiner
20. Dezember: Judo-Club
21. Dezember: Tanja Trienekens an Tom Pletschette
22. Dezember: Gemeng Beefort

Fotoen op den nächste véier Säite si bedéngt chronologesch. Nach eng Kéier villmools Merci fir d'Matmaachen an "Avis aux Amateurs" fir 2025.



**ECHTERNACH** |   
Ecole Régionale de Musique

**AUDITION DES ÉLÈVES DES COMMUNES DE BERDORF, CONSDORF, BEAUFORT ET WALDBILLIG**

13.03.25 | 18:00 | CENTRE CULTUREL "A SCHMADDS" À BERDORF













Et leie méi wéi **100 Milliounen**  
Zigarettestëmp um Lëtzebuerger Buedem.



## ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise  
L-6315 Beaufort  
Tel. 83 60 45 - 1

Méindeg : 8.30 - 12.00 / 14.00 - 16.30  
Dënschdeg : zou / 14.00 - 16.30  
Mëttwoch : 8.30 - 12.00 / 13.00 - 19.00  
Donneschdeg : 8.30 - 12.00 / zou  
Freideg : 8.30 - 12.00 / 14.00 - 16.30

### Sekretariat

[commune@beaufort.lu](mailto:commune@beaufort.lu)

Christophe Bastos: 83 60 45 - 26

[commune@beaufort.lu](mailto:commune@beaufort.lu)

Tessy Pena: 83 60 45 - 26

### Service technique

[technique@beaufort.lu](mailto:technique@beaufort.lu)

Marc Rodesch: 83 60 45 - 29 / 621 73 74 75

Claire Picard: 83 60 45 - 27

Nick Drozda: 83 60 45 - 22

### Kommunikatioun

[communication@beaufort.lu](mailto:communication@beaufort.lu)

Jos. Nerancic: 83 60 45 - 30

### Etat civil & indigénat

[EtatCivil@beaufort.lu](mailto:EtatCivil@beaufort.lu)

Mike Hertges: 83 60 45 - 23

### Recette

[recette@beaufort.lu](mailto:recette@beaufort.lu)

Sonja Fetler: 83 60 45 - 24 (dënschdesmëttes zou)

### Populationsbüro

[population@beaufort.lu](mailto:population@beaufort.lu)

Lis Brepson: 83 60 45 - 20

Sandra Breser-Michels: 83 60 45 - 20

Eliane Donven-Seiwert: 83 60 45 - 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

## URGENCES

**112** Ambulance, pompiers et gardes

**113** Police Lëtzebuerg

### Electricité

Dépannage et urgence (24h/24h - 7j/7): 8002-9900 (Creos)

### Distribution d'eau

Dérangements sur le réseau de distribution d'eau sur le territoire de la commune de Beaufort:  
621 73 74 75 (Marc Rodesch, responsable du service technique)

**[www.beaufort.lu](http://www.beaufort.lu)**  
**[commune@beaufort.lu](mailto:commune@beaufort.lu)**

Wëllkomm

# Beeforter app



Gemeng  
Beaufort